CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Session ordinaire 2012-2013

CC/vg P.V. J 38

# Commission juridique

**Procès-verbal de la réunion du 07 juin 2013**

Ordre du jour :

**Demande des groupes politiques "déi gréng" et DP d'organiser d'urgence une réunion de la commission juridique et datée du 6 juin 2013**

*

Présents : M. Marc Angel, M. Xavier Bettel, M. Alex Bodry, M. Félix Braz, Mme Christine Doerner, Mme Diane Adehm en remplacement de M. Léon Gloden, M. Jacques-Yves Henckes, M. Jean-Pierre Klein, Mme Lydie Polfer, M. Gilles Roth, M. Lucien Weiler

M. Gast Gibéryen, M. Fernand Kartheiser, M. Lucien Lux, M. Serge Urbany, députés *(observateurs)*

M. Luc Frieden, en sa qualité d'ancien Ministre de la Justice

M. Robert Biever, Procureur général d'Etat

Mme Doris Woltz, Procureur d'Etat adjoint à Luxembourg

Mme Carole Closener, de l'Administration parlementaire

Excusés : M. Léon Gloden, M. Paul-Henri Meyers

*

Présidence : M. Gilles Roth, Président de la Commission

*

**Demande des groupes politiques "déi gréng" et DP d'organiser d'urgence une réunion de la commission juridique et datée du 6 juin 2013**

## Verbatim

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Bon, maach Dir nach d'Dier zou, wann ech gelift.

***(Brouhaha)***

Voilà, ech géif d'Sitzung vun haut de Moien opmaachen, déi wierklech d'urgence convoquéiert ginn ass. Dir gesitt, dass mer och an der Chamber kënnen heiansdo schnell schaffen, mä déi Sitzung hätt net kënnen esou schnell aberuff ginn, wa mer net d'Disponibilitéit gehat hätten, och de Wonsch vun dem fréiere Justizminister an heitege Finanzminister, dem Luc Frieden, an anerersäits och d'Disponibilitéit vun dem Procureur général, dem Robert Biever.

Dir wësst och, firwat dass déi Commission juridique aberuff gouf, nämlech dass et eng Demande ass vun de Groupes politiques, déi gréng an der DP, fir eng Réunioun vun der Commission juridique zesummenzeruffen, mat enger Propositioun vum Ordre du jour, déi si schrëftlech ënnert där Form, där hir eegen ass, opgelëscht hunn, an ech géif eigentlech proposéieren, dass mer dat do elo géifen an aller Rou maachen, dass mer fir d'Éischt géifen deene Gréngen an der DP d'Wuert ginn, fir hir Demande ze exposéieren. Duerno géife mer dem Justizminister an/oder dem Procureur général d'Wuert ginn, dass si vläicht dozou Stellung huelen, an ech mengen, duerno géife mer an engem zweeten Tour dann drop kommen, fir eventuell nach zousätzlech Froen ze stellen.

Wa mer mat där Verfahrensweis d'accord wieren, da géife mer dat maachen. Ech géif jiddweree bieden, dass mer dat hei an engem – wéi mer gewinnt sinn an der Commission juridique –, an engem rouege Kader oflafe loossen. Ech sinn och iwwerzeegt, dass dat wäert esou de Fall sinn.

Ech gesinn, dass keen do eng Ojektioun dozou huet. Da géif ech bieden, dee vun deenen zwou Fraktiounen, de Félix oder de Xavier… De Xavier fänkt un.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Här President, op jidde Fall wëll ech Iech an och dem Här Minister an dem Procureur général Merci soen, dass mer esou séier kënnen zesummekommen.

Ech wëll Iech soen, dass mer hei op eng Situatioun zréckkommen an ech wëll awer och bemierken, dass déi aner Nouvelle, déi mer dës Woch kritt hunn, dat wat de SREL mam Procureur gemaach huet, och wann dat elo net hei déi Kommissioun passt, eis och schockéiert, mä ech hoffen, dass de Mëtteg déi Kommissioun dann och op esou Faiten zréckkënnt.

Dat, wat eis marquéiert huet, sinn Aussoe vum Här Procureur général, deen deemools a senger Qualitéit als Procureur gesot huet, dass mat där Affär Bommeleeër eng Chape de plomb ass d'Wuert wat hien ëmmer citéiert huet, misst eng Kéier gesprengt gin, an dass en d'Gefill hat, dass en op jidde Fall eng aner Positioun hat, wéi déi, déi de fréiere Justizminister hat.

De Justizminister hu mer och, also de fréiere Justizminister hu mer och gehéiert, op den Onden, dee geschwat huet vun der Affär Luxair an anere Saachen.

Eis Froe sinn éischter chronologesch Saachen, d'Affär, den Här Frieden wor jo scho méi laang Justizminister, net nëmme just virun den Inculpatiounen.

Wéini huet den Här Frieden fir d'Éischt dem Här Procureur deemools gesot, ob dat wierklech néideg wier, ob se keng aner Prioritéiten hätten?

Ass dat gewiescht no bei den Inculpatiounen, no den Inculpatiounen, virun den Inculpatiounen oder scho Jore virdrun?

Wéi den Här Procureur och jo dee Billet geschéckt huet, deen dozou bruecht huet, dass den Här Reuland jo och seng Demissioun ginn huet, wéi ass dat verlaf? Et gëtt iwwerall gemunkelt, dass et do zu heftegen Débate komm wier, dass een dat mat zouenen Dieren awer gehéiert hätt nach ganz wäit, dass och gesot gi wär, dass, wa Polizisten inculpéiert gi wieren, dat vläicht delikat wier fir d'Institutioun, oder op jidde Fall de Justizminister an eng delikat Situatioun géif bréngen.

Sinn dat Saachen, déi stëmmen, net stëmmen?

**Une voix (murmuré)**.- Dat huet jo eigentlech näischt dermat ze dinn.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Den Här Procureur huet jo gesot, an esou wéi mer de Procureur och kennen, op senger Manéier, dass hie sech net mat senger Figurgéif ënnert Drock setze loossen…

***(Enregistrement incompréhensible de 06 :45 à 08 : 14 )***

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Merci, Här Bettel. Dat do war elo ganz vill. Ech mengen, deelweis ass dat och iwwert dat erausgaangen, wat eigentlech den eigentlechen Objet vun der Demande war, déi sech jo, wann ech jo dat Franséischt kucken: «Reproches du Procureur général d'État Biever à l'encontre de l'ancien Ministre de la justice pour avoir tenté de le persuader du manque d'opportunité de l'enquête „Bommeleeër".»

Ech géif soen…

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Et ass net limitativ Här Président…mä et war eng Introductioun, fir de Kader ze setzen.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Jo, ech… Dat war eng Introductioun, mä et ass den Titel vun Ärer Demande fir op den Ordre du jour. Mir kucken och, dass mer eis haaptsächlech heirobber da fokusséieren, a wann eppes doriwwer erausgeet, da musse mer kucken, wéi mer dat handhaben.

Félix, wëlls du och nach d'Wuert hunn?

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ganz kuerz, fir dass mer och d'Zäit hu fir d'Froen.

Déi Affär, déi elo virum Geriicht ass, d'Affär Bommeleeër, dat ass jo awer déi bis haut gréissten a wichtegst ongekläerten Kriminalaffär an der Geschicht vum Land – fir mech.

Do si Saachen am Raum, déi wierklech bis an d'Muerch vum Stat ginn an där Affär. Déi ass laang hier, an dann hu mer um Niveau vum Parquet Leit, déi ufanks de Joren 2000 sech mat där nach eng Kéier frësch wëllen ofginn.

Do gëtt et dann e Justizminister, deen a mengen Ae just eng Aufgab huet: déi Leit ze ënnerstëtze géint alles a géint jiddwereen, an dass et der genuch gouf , déi probéiert hunn, entweder net ze kooperéieren – fir dat Mannst ze soen – oder carrément d'Enquête probéiert hunn, ze torpedéieren, och op héijem Niveau vun der Polizei…do erwaarden ech mer vun engem Justizminister, dass e just hanner engem steet: hannert dem Procureur. Dofir ass dat fir eis, wat de Procureur général gëschter am Interview gesot huet a wat de Radio 100,7 scho virun e puer Wochen hat a wou de Minister dat fir onseriöe Journalismus erkläert huet, wéi wann alles falsch wier, elo wësse mer, dass dat net alles falsch war.

A wat de Procureur général gëschter am Interview gesot huet, ass fir mech erschütternd gewiescht. An entweder dat, wat den Här Biever do gëschter gesot huet, stëmmt, oder Der kënnt eis haut erklären, dass den Här Biever gëschter Saache gesot huet, déi net stëmmen. De deux choses l'une, an nëmmen dat.

Dat wëll ech virausschécken, an nach dräi Punkte wëll ech soulevéieren, déi den Här Biever genannt huet, an dat si fir mech déi, déi ech gäre gekläert hätt, ob den Här Biever da gëschter d'Wourecht gesot huet oder net, fir et ganz einfach ze soen.

Hutt Dir als Justizminister eng Kéier Är Meenung gesot, dass Der mengt: „Komm, maach däin Job, Robby Biever, mä ech gleewen net drun, dass eppes kënnt."? Et ass Äert gutt Recht, Är Meenung eng Kéier ze soen.

Oder hutt Der während Joren à d'itératives reprises ëmmer nees während der Enquête, ëmmer nees d'Leit découragéiert - fir net méi ze soen?

Zweetens, war déi Insistenz esou, wéi den Här Biever se gëschter duergestallt huet, dass en anere Procureur, deen net seng Erfahrung huet a seng Anciennetéit huet, dass deen noginn hätt an d'Bengele bei d'Tromm gehäit hätt?

Dat si fir mech déi zwee wichteg Punkten, ëm déi et geet.

An drëttens, dass déi Insistenz an déi Repetitioun vun Ärer Aschätzung, dass dat alles kee Wäert hätt, dass dat och nach zu engem Zäitpunkt komm ass, wou d'Enquête sech definitiv an eng bestëmmte Richtung méi prezis orientéiert huet. Dat hätt ech gäre gekläert.

Huet den Här Biever gëschter nëmme Saache gesot, déi richteg sinn, oder net?

Wann dat stëmmt, wat e gesot huet, hutt Dir a mengen Aen als Justizminister deemools de Contraire, de komplette Contraire gemaach vun deem, wat Ären Job wier, nämlech d'Justiz ze „backen" [to back] géint all Kritiken, déi komm sinn, a géint all d'Behënnerungen, déi komm sinn.

An dat sinn déi prezis Froen, déi mer herno och wëlle stellen.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Merci. Ech géif elo Folgendes proposéieren. Ech mengen, et ass sech hei vill referéiert ginn op en Interview, déi den Här Procureur général ginn huet, Ausschnëtter och, déi, wéi ech zumindest dat matkritt hunn, ech hunn zwar hei de Verbatim dervun, mä wat Ausschnëtter sinn aus deem Interview, an ech géif eigentlech pour le bon ordre – de Félix sot, dat wier eng wichteg, et ass keng onwichteg Affär, déi net opgekläert ass, et sinn och nach aner Affäre vun der Justiz, och vun enger gewësser Gravitéit, déi ni opgekläert ginn. Dat gëtt et eben an all Rechtsstat. Dat ass net ëmmer méiglech.

Ech géif awer duerfir, fir dass de richtege Kontext a Kader gesat gëtt, mengen ech, wier et gutt fir eis als Justizkommissioun, als Vertrieder vun der Chamber, fir dass de Procureur géif als Éischten d'Wuert kréien, dass hien da vläicht eng Kéier kéint dee gesamte Kontext erklären, och am Kader vun deene Froen, déi opgeworf sinn, fir ze kucken, dass dann doropshi géif an enger zweeter Phas vläicht, mengen ech, de Justizminister, wann do Prezisiounen ze gi sinn, wéi dat geng de fréiere Justizminister, dat och géif maachen.

**M. Alex Bodry,** ***(LSAP).-*** Dee Verbatim, ass deen offiziell zougänglech?

***(Interruption)***

Da wär ech frou, wa mer géife Kopië kréien vum Verbatim.

**Une voix**.- Voilà! Well da jiddwereen déiselwecht…

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Jo, jo, ech géif dat souguer…

***(Interruption)***

Neen, ech weess dat. Et ass schwéier, wann een dat op engem Internet dann nolauschtert. Ech hätt guer kee Problem, wa mer dat hei géifen…, dass jiddweree weess, wat genau gesot gouf a wat net gesot gouf a wat vum Journalist gesot gouf,…

***(Interruption)***

…dat ass e wesentlechen Ënnerscheed heiansdo.

Mä ech mengen, fir de gudden Oflaf vun dëser Sitzung, an de Robby Biever ass sécher net verleeën, dass hien eng Kéier seng Vue vun där ganzer Saach géif eis soen.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Vun där ganzer Saach, net nëmme vum Interview oder nëmme vum Interview?

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Mir fokusséieren eis an enger éischter Phas op den Interview, a wann nach eng Fro zousätzlech wier,…

***(Interruption)***

**M. Xavier Bettel,** ***(DP)***.- Ech hu just eng Fro. Ech gesinn, dass d'Madame Cocard hei ass. Iwwert déi Sitzung kënnt jo awer kee Communiqué a guer näischt ? Si schreift hei fläisseg op. Ech mengen, mir brauche keng zwee…

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Dat kënne mir décidéieren, also, wann d'Kommissioun der Meenung ass, dass kee Communiqué geschriwwe gëtt, da gëtt kee Communiqué geschriwwen.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dat ass e schlecht Zeechen dès le départ. Dat hei ass eng normal Kommissioun, eng normal…, eng normal Aarbecht. Jiddwereen ass…

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Ass et de Wonsch vun der Kommissioun, dass en…

Also, et ass jo de Communiqué einfach vun der…, vum Service…

***(Interruption)***

Also, mir hate scho Commission-juridiquen, déi och net esou evident waren, wat d' Matièrë waren… Ech mengen, do sinn der och erauskomm, et huet ni ee sech doru gestéiert.

***(Interruption)***

Gutt, den Här Biever huet elo d'Wuert.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Merci, Här President. Fir mat deem Leschten unzefänken: Also, ech mengen, dass een awer um Enn vun dëser Réunioun sech soll am Klore sinn, wien duerno communiquéiert. Dat si jo genuch Leit donidden, an entweder communiquéiert…, entweder ass et jo – dat wär souhaitabel, datt ganz egal wär, och den Här Frieden géif communiquéieren oder ech.

Ech wëll net communiquéieren. Wann den Här Frieden awer wëllt communiquéieren a mir wären hei net enger Meenung, da géif ech och communiquéieren.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Dat gesi mer herno.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Neen, dat… Ech wëll dat…

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Neen, mir verstinn Iech, Här Procureur général.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Zweet Remarque préalable. Ech war ni an Thailand, wollt och ni an Thailand goen, an Thailand steet och definitiv ni méi um Reesprogramm vu menger Fra a vu mir. Et gëtt Merde. Et gi Limiten zu allem. Wat een an dëser Affär erlieft huet, an dann dat do, et wär ee pädophil, dat ass jo awer…Dat ass jo awer…

Bon, dat huet heimadder iwwerhaapt guer näischt ze doen. Hei ass et drëm gaangen, ob do Drock ausgeübt gi wär oder net, ob een dat kéint als Drock qualifizéieren, wéini an ënner wéi enger Form dat dann ebe geschitt wär.

Déi Gespréicher, d'Meenung vum Här Frieden huet hie bei mir regelméisseg virbruecht. Mir hunn ons eng Rei Kéiere regelméisseg – ech weess net wéi oft, dräi-, véiermol, ech weess et net – d'Joer gesinn. Ech soen net, et wär all Kéiers dovunner geschwat ginn, awer regelméisseg ass hien op dee Sujet do zréckkomm.

On op jidde Fall fir d'Éischt am Joer 2000. Ech kann Iech och soen... 2001

Ech kann Iech och soen, firwat am Joer 2001. Ma, do ass d'Enquête gelaf an d'Direktioun Geiben, a wéi se an d'Direktioun Geiben gaangen ass, do wor et jo evident, datt et net opportun wär, datt déi Enquête géif an de Gebaier vun der Police judiciaire weidergefouert ginn, wou dann den Här Geiben eben an- an ausgaangen ass.

An do wor ech bei den Här Frieden, fir ze froen, do wär e Büro, d'Enquêteuren, déi wieren elo emol am Bild, bon, do ausfindeg gemaach hätten, ob se sech kéinten do installéieren.

Ech hunn den Här Frieden dat gefrot. En huet och bei där Geleeënheet scho gesot: „Ass déi Affär da wierklech esou, datt elo do mussen esou Enquêten esou intensiv gemaach ginn?" „Mä enfin,…" - sot en - „…ech kucken dono." An deen Dag drop huet e gesot, o.k., si kënnen an dee Büro goen.

Duerno ass e wéi gesot regelméisseg dorobber zréckkomm, an awer och besonnesch vun 2003 un. Vun 2003 un nämlech wor et ganz evident fir jiddwereen, datt et keng Affär wär wéi déi aner.

Firwat? Ma, do woren déi Perquisitioune beim SREL, menger Meenung no déi éischt richteg Perquisitioun beim SREL, déi et jee gouf. Et wore Perquisitiounen am Statsministère, an der Direktioun vun der Police an an der Direktioun vun der Police judiciaire. Also, eng Perquisitioun an der Direktioun vun der Police judiciaire, dat muss ee sech jo virstellen.

Bon! Vun deem Moment un wosst en och, an ech hunn em dat och ëmmer gesot, déi Affär, déi hätt e Bäigeschmaach -, mengen ech, hätt ëmmer gesot -, deen extrem désagréabel wär.

Bon, wouer ass, datt den Här Frieden… , e Fait ass, datt den Här Frieden gesot huet, dat konnt ee jo novollzéien, dat wäre Faiten, déi wären esou laang hier; hie kéint sech kaum dorunner erënneren un d'Faitë selwer, well hien deemools zu Paräis op der Uni wor. O.k., bon!

Dat hunn ech och iergendszwousch verstanen, hunn awer gesot: „Déi Affär hei ass net eng Affär wéi eng aner."

Wann hei gesot gëtt, et ass déi uergst Affaire criminelle, dann… Jo, dat muss een ëmmer e bësselche an deem Sënn relativéieren, dass een d'Affären net ganz gutt ka vergläichen. Wann een dout gemaach gëtt, wann e Kand dout gemaach gëtt, huet dat op engem aneren Niveau, ass dat infiniment méi grave, mä dat hei huet eng Gravitéit, well et eppes mat de Fonctionnementer vun den Institutiounen ze doen huet. Dat just fir d'Prezisioun.

Den Här Frieden huet dat regelméisseg gesot. En huet dat iwwregens mir gesot: „Wéini schléisst Der..., schléisst dach of domadder." En huet dat awer net nure mir gesot, en huet dat - an déi huet mech och autoriséiert, fir dat hei ze soen -, en huet der Madame Woltz zum Beispill gesot: „Wéini maacht Der deen Dossier endlech zou?" Dat muss 2006 gewiescht sinn, an zwar - dofir ka se sech och den Datum relativ genau erënneren - well et beim 50. Anniversaire vum Basket Contern.

Bon, wéi gesot, déi Saache sinn ëmmer erëmkomm. D'Fro elo: Wor et en Drock? En Uerder kann en, de Minister, Gott sei Dank net gi fir opzehale mat enger Enquête. Bon.

E wor net frou iwwert d'Enquête, en hätt léiwer gehat, wéi gesot, mir géifen ophalen. Ech hunn der Madame Woltz an den Enquêteuren dat och ëmmer gesot, an déi hu gesot: „Jo! Mir géifen och léiwer ophalen! Déi Affär hei ameséiert ons guer net esou! Mä da soe mer awer, wéi datt et ass. Mir halen net op, well mir fannen, mir musse mat där Affär do weiderfueren."

Ass dat en Drock? Dat kann een eigentlech op zwou Manéiere gesinn: Engersäits fannen ech - et gëtt och Leit, déi anerer Meenung sinn -, datt och e Justizminister kann eng Meenung äusseren. Et ass bei ons - Parquet, hierarchiséierte Betrib - net evident, a Frankräich ass dat en aneren Déngen, wou jo e Fangerzeeche vun dem Justizminister en Uerder ass. Dofir ass d'Justiz a Frankräich jo och an engem sensationellen Zoustand.

Hien huet probéiert, fir dat doten ze maachen. E kann net..., en huet ni gesot: „Haalt op domat!" Dann hätt ech em och... Da wär et och relativ kloer ginn, well ee jo dann dorobber och iergendwéi och schrëftlech reagéiert hätt.

Et kann een... Dat weess ech net. Ech weess net, ob net méi e jonke Magistrat, dee seng Carrière viru sech hätt, wéi dee reagéiert hätt dorop. Hätt deen net och u seng Carrière geduecht a geduecht: „Oh, wann dat net esou gewënscht ass, dann, mäi Gott net nach, jo, effektiv, et gëtt genuch Affären, an dann...". Jo, dat ass esou!

Eng Affär wéi déi hei mécht net en Untersuchungsriichter eleng, deen net vum Parquet effektiv ënnerstëtzt ass. Maacht Iech do näischt vir. Do soll ee sech näischt virmaachen! Dat ass ganz kloer.

D'Madame Woltz an ech, mir stounge remarquabel eleng do. Well, do ass guer keen Zweiwel drun, den Här Klopp, deen huet och ëmmer gesot: „Oh, déi Affär do, et ass esou laang hier!" Du sot ech zum Här Klopp: „A wat sees de dann, wann eng Kéier Konte gefrot ginn?" Dat wor meng Iwwerzeegung, permanent! Déi Affär hei, deen Dossier wor bis '93, '94 esou schwaach op der Broscht, datt et franchement e Skandal gewiescht wär. A mir hunn ëmmer gesot, ech hu gesot: „Dat do, dat - entschëllegt, entschëllegt - dat repst eng Kéier gewalteg!

A mir hunn d'Affär erëm ugefaangen an - et huet och elo net nach e Wäert, nach do... - nettement virun 2004, et ass ugaangen '98, mat engem Volet Geiben iwwregens, '97, '98, '99, dono ass et, 2001 an esou weider, virugaangen, also nettement virun der Serie vun RTL iwwer 20 Joer Bommeleeër.

Fait wor, datt dat der Affär och indirekt en Opdriff ginn huet an deem Sënn, datt ee jo do awer festgestallt huet, datt dat bei de Leit alleguer am Land - oder ganz ville Leit - zu Recht oder zu Onrecht e viven Intérêt suscitéiert huet.

Elo, wéi déi Demandë vun, déi Wënsch vun dem Här Frieden, jo, iwwert d'Joren ouni déi Émissioune gaange wären, frot mech et net, ech weess et net!

Wann da gesot gëtt - an do wor ech awer bal op de Réck gefall! -, wann da gesot gëtt, jo, d'Luxairsaffär, déi huet misse weidergoen et cetera: Mä dat ass dach e ganz anere Problem!

Dat wor dach en total anere Problem! Ech verstinn dat net, datt esou en intelligenten, gewiifte Mann wéi Dir, Här Frieden, datt Dir kënnt esou eppes soen! An der Affär Luxair wor de Problem dee vun den Expertises techniques! Hautement techniques! Au point de vue Enquête wor rose wéineg an ass net vill ze maache gewiescht, et ass ëm d'Imputabilitéit gaangen, an et ass net ëm d'Dispositioun a wéi vill Enquêteuren een dofir brauch gaangen. Déi Enquête huet au niveau policier kee Retard gehat a si ass vun engem Enquêteur gemaach ginn.

Also dee Verglach, dee kënnt vläicht no bausse gutt un - dat ka sinn -, mä ech hunn deen einfach net an der Rei fonnt, well Der Saache matenee vergläicht, déi net mateneen ze vergläiche sinn. A mir hunn och ëmmer gesot, mir hätte gären - zënter 1980 un! -, mir hätte gären Enquêteure weider, notamment en matière économique et financière; et weess jo jiddwereen, wéi et domadder geet.

Wa gesot gëtt: „Ah neen, ech këmmere mech net ëm d'Affären! Ech soen och net, et soll eng Affär net gemaach ginn, mä da soll se mat manner Enquêteure gemaach ginn", an dat, wéi gesot, gouf 2006 - do huet d'Enquête sécher nach net laang genuch gedauert, dann hätt se jo nach méi laang gedauert, wa se mat manner Enquêteure gelaf wär -, do hunn ech Schwieregkeeten, fir dat ze verstoen!

Wann ee seet: „E Management, et muss een och e Management dovunner maachen!", ech sinn d'accord, ech sinn d'accord, mä dee Management an déi Prioritéiten an den Affären evakuéieren, dat ass net neutral! Well doduerch, datt ee seet, mir maachen eng Affär, et soll een eng Affär fir d'Éischt, an dann dono eng aner, an hei an do an do an hei, doduerch décidéiert een - an dat weist d'Praxis - en fait, datt Affären net gemaach ginn. Dat ass net neutral, dat ass ganz kloer. An Dir kennt jo och de Saz: «Qui tient le Parquet tient la justice».

Dofir ass iwwregens d'Independenz vum Parquet en essentielt Element an der Séparation des pouvoirs. Ech weess, datt et Politiker gëtt, déi net där Meenung sinn, et ass awer soss iwwerall an Europa mëttlerweil, en tout cas an de Juristekreesser, do ass dat keng Diskussioun méi.

Ech mengen, dat wär à peu près alles, wat ech och de Momnet wëll soen.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président*.- Merci, Här Procureur général. Ech géif da bieden, dass de Minister vläicht seng Prezisiounen och nach dozou kéint ginn, zu där enger oder där anerer Saach.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Jo, Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn emol fir d'Éischt frou, ërem eng Keier an der Justizkommissioun ze sinn. Dat waren trotzdeem zwielef Joer, wou ech ëmmer gären heihinnerkomm sinn. An ech sinn och frou, datt déi Froen, déi um Radio do gekläert gi sinn, datt mer déi hei kënnen direkt an der Kommissioun diskutéieren. Ech fannen, dat ass déi richteg Plaz, fir dat ze maachen.

Ech mengen och, datt een - wéi am Ufank déi Fro gestallt gi war vun der Transparenz vun dëser Sitzung -, ech mengen, et ass evident, datt een iwwer esou e Sujet, deen op eemol an der Kommunikation ass, op eemol net ka soen, et kann een net driwwer communiquéieren. Duerfir, mengen ech, ass et evident, datt heiriwwer all Mënsch communiquéiert. An ech hätt am Fong léiwer gehat, et wär souguer eng öffentlech Sitzung, dann hätt jiddweree kënnen nolauschteren, well et kann een net deen een Dag um Radio eppes soen, an dann deen aneren Dag seet een, elo soe mer näischt méi. Duerfir, ech mengen...

***(Interruption)***

Ech mengen, datt dat... Ech wëll just soen, d'Iddi, datt een elo näischt méi kéint soen, déi, mengen ech, fonctionnéiert net richteg.

***(Interruption)***

Mir si jo hei e bëssen an enger spezieller Situatioun, well den Här Biever an deem Interview am Fong geschwat huet iwwer Sitzungen, déi tëschent him als Procureur a mir als Justizminister stattfonnt hunn. Där Réuniounen hunn tëschent dem Justizminister, fannen tëschent dem Justizminister an dem Procureur général a Procureur regelméisseg statt, oder regelméisseg vun Zäit zu Zäit statt. Ganz oft sinn dat Gespréicher, déi - meeschtens, mengen ech, wa mir eis gesinn hunn, waren dat Gespréicher -, wou keen aneren drun deelgeholl huet. Duerfir hunn ech och doriwwer keng Procès-verbaux gefouert.

Mir schwätzen awer hei aus Gespréicher, déi mir zwee mateneen haten, an ech muss soen, ech kann dat nëmme fir mäin Deel soen, datt ech der Meenung war, datt mer all déi Jore gutt Réuniounen hei haten, mä och eng gutt Aarbechtsrelatioun an all deene Joren, wou mer zesumme geschafft hunn, haten. An dat ännert och net meng Meenung, no gëschter an no haut!

Au contraire, ech mengen, et muss een dat hei e bësse méi breet gesinn, a wann ech deen Auszuch liesen, deen Der och ausgedeelt kritt hutt, wat den Här Biever do gesot huet, da versteet ee scho méi - an dat huet en och de Moien e bësse confiméiert -, et muss ee sech dat an de Kontext setzen, an dee Kontext war deemools wéi haut net ganz falsch, an deem Sënn - dat ass meng Meenung, et ass awer och d'Meenung vu ganz ville Leit dobaussen -, e bëssen am Sënn: Hu mer soss näischt aneschteres?

Dat ass eng Meenung, et muss een dat gesinn, dat war - wann den Här Biever elo déi..., hien huet héchstwahrscheinlech doriwwer Notte geholl, datt e genee weess, wéini, wou dat war, ech hu keng Notten doriwwer, mä et schéngt mer awer richteg ze sinn, dat wat den Här Biever gesot huet -, dat war 2000, dat war 2006.

Iwwregens ass et net, mengen ech, op meng Initiativ, wou mer doriwwer geschwat hunn, mä ganz oft, wa mer driwwer geschwat hunn, da war et, well den Här Biever mech iwwer eppes informéiert huet. Hien huet selwer e Beispill de Moien hei ginn, wéi e gesot huet: „Kënnen déi en extraen Appartement kréien an der Stad?“ Hien ass do bei mech am Fong komm als Budgetsminister, wann ech dat däerf mengen. Do hätt ech och kënne soen: „Neen!“

Ech hunn awer do, dat ass richteg, ech hunn do - Dir musst Iech dat emol virstellen: D’Justiz gëtt net d‘Impressioun no baussen, wéi wa se deen allerschnellste Betrib wär. Oft gëtt et gutt Argumenter dofir. Mir hunn also oft, ech hu mech oft genervt - vun de Bierger - gespiert, déi sot hunn: „Ass déi Affär do nach ëmmer unhängeg?!“ Iwwregens och d’Luxairsaffär, Dir wësst dat, Här Biever, doriwwer gouf oft geschwat. Et ware vläicht aner Ursaachen, déi Der de Moie gesot hutt, mä et goufe vill esou Affären, wou d’Leit mir gesot hunn: „Déi Affär ass nach ëmmer net um Geriicht.“

An dee Message vum Vollek, wat heiansdo mäi war, net ëmmer, well d’Leit hunn net ëmmer recht, wa se eppes soen, hunn ech och dem Här Biever an deenen agréabele Gespréicher, déi mer haten, dann och weiderginn.

Wann een dann 22 Joer un enger Affär, mat Ups an Downs an och virun eisen Zäiten, un enger Affär schafft - do sëtzen da véier Leit an engem Appartement, an der, an der, wou waren déi, am Passbüro, mengen ech, jo, do souze se -, datt een dann emol eng Kéier seet: „Jo, mä hu mir da soss näischt...?“ Ganz vill Leit, esou héieren ech der och elo nach, déi dauernd soen, ech hu Frënn, déi soen: „Ech lauschtere kee Radio méi, well ausser Geheimdéngscht a Bommeleeëer leeft näischt méi!“

Ech wëll dat also soen, 2006 war dat och, wou ee konnt soen, wou een als Mënsch konnt soen: „Et ginn och nach aner Saachen!“ An duerfir hunn ech gesot, duerfir fannen ech et am

Fong enorm gutt, wat den Här Biever gesot huet: „Dir hutt gesot“, nach eng Kéier, ech mengen net, datt et meng Wierder genee waren, ech kommen awer op e puer där Saachen zréck, well à moins dat een dat opgeholl huet, opgeschriwwen huet, ass et net ëmmer mäi Langage, „Dir hutt esou vill Enquêten ze maachen, ass et da wierklech opportun, där dote Saach nozelafen?“

Ech mengen net, datt ech dat gesot hunn! Well „opportun“, als Jurist weess ech genee, wat de Principe d’opportunité ass, duerfir contestéieren ech dat Wuert. Mä datt ech gesot hunn: „Et gëtt awer och nach vill aner Saachen. Hu mir soss näischt an deem Land hei ze doen, wéi de Bommeleeëer...

An ech erënneren drun, 2006, 22 Joer dono! Wann ech kucken, et gëtt vill Leit hei am Land, déi emol nach net gelieft hunn an där Zäit, an ech duerfir och eng Kéier gesot krut - dat fannen ech ganz sympatesch, den Här Biever huet gesot: „Weess de...“, ech weess net, ob ech esou mat em geschwat hunn, „Weess de, déi Faite vun de Bommenattentater waren, wéi ech op der Uni war, ech ka mech kaum drun erënneren.“ Ech mengen...

**M. Robert Biever,** *Procureur général d’État.-* Ech hunn ëmmer ganz gutt nogelauschtert.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Jo!

**M. Robert Biever,** *Procureur général d’État.-* An ech hunn e ganz gutt Gediechtnes!

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* An ech fannen dat ganz… Ech mengen, datt ech esou Saache ka gesot… Also wéi och haut nach vill Leit soen, ech hunn de Moien nach mat jonke Beamte bei mir am Haus geschwat, déi gesot hunn... Mä déi kënne sech dat..., déi sinn an där Zäit gebuer, quasi! Meng Kanner, déi...

Duerfir muss een dat e bëssen dedramatiséieren awer och, a gesinn, wann eppes iwwer 20 Joer amgaangen ass, elo 30 Joer, datt een dann do seet: „Dir musst och déi aner Affäre maachen.“

Grande Nuance awer, an den Här Biever huet dat gëschter um Radio och net gesot, ech hunn ni gesot - en huet dat och de Moie gesot, an dat contestéieren ech och formell! -, ech hunn ni gesot, och net zu Madame Woltz: „Deen Dossier, gëtt deen dann «endlech» zougemaach?“ Dat sinn éischtens net meng Wierder, et kënne meng Wierder net sinn, well esou denken ech net! Mä datt ech vläicht gefrot hunn: „Wéini kommt Der mat där Affär op en Enn?“ Dat ass eng grouss Nuance: „endlech zougemaach“ oder „wéini...“, wann een 20 Joer enquêtéiert huet, oder 25 Joer, oder wéi vill Joer sinn et iwwerhaapt, wéini waren déi Attentater?

**Une voix**.- '84, '85...

**M. Robert Biever,** *Procureur général d’État.-* Dir schéngt d'Affär net weider ze suivéieren.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Dat sinn…

Neen, ech liesen dat och net all Dag an der Zeitung! Ech fannen, dat ass esou konfus... Mä dat ass och net meng Aufgab! Et ass dem Geriicht seng Aufgab, an net meng Aufgab.

30 Joer - 30 Joer! - dono fannen ech dat richteg, datt dat op d’Geriicht kënnt, dat ass net mäi Punkt! Ech wëll dat och hei nach eng Kéier ausdrécklech soen! Mä datt een do seet: „Wéini kënnt déi Enquête dann op d’Geriicht?“, dat ass awer eng legitim Fro vun engem Bierger an legitim Fro vun engem Justizminister, well d’Leit déi Fro stellen. Gradesou wéi ech och gefrot hunn: „Wéini kommen aner Affären op d‘Geriicht?“, well d’Leit déi fro och gestallt hunn. An ech fannen et och normal, datt d’Leit froen!

Duerfir hu mer och e Gesetz gemaach zesummen, Här Biever, datt d'Leit och informéiert ginn iwwert d'Prozedur, well dat och e Punkt war, wou d'Leit gesot hunn - ech hunn dat Gesetz erabruecht als Justizminister -, wou d'Leit gesot hunn: „Da leeft eng Affär an der Justiz, an du weess net méi, wou se drun ass!" An dunn hu mer gesot, mir musse regelméisseg - ech hunn dorop insistéiert -, regelméisseg muss de Client och, mussen d'Leit, de Justiciable informéiert ginn, wat leeft.

Also, mengen ech, muss een dat an engem méi breede Kontext gesinn. Hunn ech deen Appartement zum Beispill zur Verfügung gestallt? Jo! Ech hätt och kënne soen: „Neen, déi sëtze bei deenen aneren." Mir hunn also Statssue gebraucht a menger Amtszäit als Budgetsminister a Justizminister, fir datt huet kënnen déi Enquête gemaach ginn.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* ...laang net méi hei! ...wann een Nee gesot häett bei esou Saachen.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Loosst de Minister viruschwätzen, kommt!

***(Interruption)***

Jo.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Ech soe just dat hei, wat den…

Neen, mä wann den Här Bettel eng Fro dertëschent huet?

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Neen, kommt, mir fueren elo virun.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Also, ech mengen, dat wat den Här Biever gesot huet gëschter, wann een dat an dee Kontext setzt, datt ech gär gehat hätt… Mir ass d'Justiz deemools wéi haut heiansdo ze lues gaangen, dat ass awer e Feeling, dee generell war, an zu kengem Moment... An ech géif mech och froe firwat, ech géif mech och froe firwat!

Firwat hätt ech en Intérêt drun, fir datt déi Affär net géif gemaach ginn, an eng aner Affär géif gemaach ginn? Dir musst Iech déi Fro emol stellen! En fait ass et jo... Also, ech stelle mer se selwer dann! Et gëtt jo keng Ursaach, well Saachen, déi esou laang hier sinn! Wann a menger Amtszäit déi Attentater gewiescht wären, wär dat natierlech eppes ganz aneschteres. Mä eppes, wat esou laang hier ass! Dat muss opgekläert ginn, ëmsou méi, wann dat institutionell Froen opwerft, déi méiglech sinn. Mä da muss een dat..., da muss dat gemaach ginn, mä et kann net sinn, datt all Attentioun nëmmen dorobber achséiert gëtt! An dat war e bësse meng Remarque.

Ech mengen net, datt ech dorobber de mon propre gré, einfach esou, wann ech den Här Biever begéint hunn, all Kéiers iwwert de Bommeleeër geschwat hunn, dat ass net meng Erënnerung. Ech mengen, mir hunn heiansdo iwwert déi Affär geschwat, mir hunn och iwwer aner Affäre geschwat. An dann hunn ech gefrot: „Jo, wéi ass dat, wou ass dat dann drun? A wéi geet dat da virun? A wéini kënnt dat dann op en Enn?" Also, mä dat muss een an deem Kontext gesinn.

Ech mengen och, datt ech generell - an dat kréien ech och confirméiert vu ville Frënn, déi och an der Justiz schaffen -, datt ech generell éischter emfonnt gi sinn am Justizapparat als een, deen d'Justiz ënnerstëtzt huet. Et waren der souguer vill, déi gär gehat hätten, datt ech soll elo nach eng Kéier Justizminister ginn, wéi de Remaniement ministériel war, och a Justizkreesser, déi mer gesot hunn: „Kanns du net dem Premierminister soen, dass du solls Justizminister ginn?" Duerfir, ech wëll just soen, also ech hunn net do d'Impressioun kritt vun deenen, déi ech do kennen, an ech kennen der vill do, datt dat esou emfonnt ginn ass. Mä dat awer nëmmen zur Remarque.

Ech wëll nach eng Kéier soen, datt ech formell contestéieren, datt ech dat Wuert gebraucht hunn, et wier net „opportun“, well Opportunitéit, nach eng Kéier, ass e Concept juridique, an e Concept juridique ass eppes aneschteres, mä datt ech gesot hunn: „Oh, ass dat do...?“, „Hu mer soss näischt ze doen?“, iergendeppes an deem Genre. Mä nach eng Kéier: Ech hu keng Notte geholl an dat sinn och esou vill Joer hier, ech kann Iech awer net genee de Wuertlaut soen.

Da wëll ech soen, well den Här Bettel gesot huet, mat dem Ofsetze vum Här Reuland, datt dat eng delikat Situatioun gewiescht wär: Mais oui, tout à fait!

Dat ass keng einfach Décisioun, well et gëtt beim Stat - an ech schwätzen enner Contrôle vun der fréierer Fonction-publiques-Ministerin -, et gëtt Regelen, wann een een ofsetzt. An déi Regelen, déi konnt ech net hei applizéieren, well: Ech krut e Bréif vum Procureur - dee Bréif ass jo deemools bekannt gewiescht, oder ginn - an do sinn Affirmatiounen dra gewiescht, an ech hunn den Här Reuland ofgesat, well ech du fonnt hunn, datt opgrond vun deem Bréif kee Vertraue méi kéint an d’Police oder an d’Polizeispëtzt sinn, opgrond vun deenen Affirmatiounen, déi ech par ailleurs net konnt vérifiéieren. En ass jo net ugeklot ginn, den Här Reuland, mir hu keng Procédure disciplinaire kënne maachen.

Dat heescht, mir hunn en ofgesat d’une certaine manière, ouni iergendeng gesetzlech Prozedur ze respektéieren. En huet och seng Pai reduzéiert kritt, en ass an en anere Grad komm. Ech soen, datt dat eng delikat Situatioun war, ech mengen, dat, wann Dir Justizminister gewiescht wäert a Polizeiminister, Här Bettel...

Ech wëll also soen, ech hunn also och opgrond vun den Aktioune vum Här Biever agéiert. Ech hätt och do kënne soen: „Déi Aarbecht vum Här Biever ass keng seriö Aarbecht.“ Ech hunn dat net gemaach. Ech hunn dee Bréif vum Här Biever seriö geholl, ech hu mer dee Bréif ugekuckt, mir hunn doriwwer geschwat och, den Här Biever an ech, an dorobberhin huet d’Regierung op meng Propositioun décidéiert, den Här Reuland an den Här Stebens ofzesetzen.

Datt ech och soen um Radio, datt dat keng einfach Décisioune waren, mä ech wëll dat och haut nach eng Kéier soen! Ech weess net, wéi Dir mat de Mënschen ëmgitt, mä ech mengen, keen heibanne géif zack esou moies opstoen a soen: „Elo entloossen ech de Polizeichef!“ Ëmsou méi wëssend, datt ech keng Prozedur konnt respektéieren, well ech net virun den..., well ech net déi normal Statsbeamteprozedure konnt respektéieren, well och keng Accusatioun, keng Inculpatioun do war, mä e Bréif, dee verschidde Saache gesot hat. An och, well en Zäitproblem do war, well et ëm d’Vertrauen an d’Institutioune vun eisem Land gaangen ass.

Duerfir, ech hunn och - kann ech dem Här Braz soen -... gesinn ech och meng Roll. Ech deelen d’Beschreiwung, déi den Här Braz mécht vun engem Justizminister, datt déi ass, fir d’Justiz ze ënnerstëtzen. De Procureur ass den - de Procureur général virun allem, mä och de Procureur, mä virun allem de Procureur général -, ass den Interlocuteur vum Justizminister, wann e mat der Justiz schwätzt. Dat ass den normalen Interlocuteur. Et schwätzt ee jo net mat sëtzende Riichteren, wann ee Justizminister ass, mä mam Procureur général, mam Procureur.

A mir hunn déi Gespréicher gefouert. Mä zu kengem Moment hunn ech een découragéiert eppes ze maachen oder eng Instruktioun ginn et soll een dat net maachen. Ech hunn och net insistéiert; fir Är Wierder zréckzehuelen. Neen, ech hu just gesot: „Mir hunn och nach aner Saachen hei am Land ze maachen. An ech hunn duerfir och... An duerfir soen ech dat vum Management nach eng Kéier. Den Här Biever huet elo eppes zitéiert, wat vläicht net jiddwereen héieren huet. Dat hunn ech gëschter Owend gesot um Radio.

Ech mengen, et muss ee kucken, datt wann een... Mir hunn zu Lëtzebuerg leider net immens vill Leit. Ech hunn iwwregens och als Justiz... als Budgetsminister ganz oft d’Justiz

renforcéiert. Et gi vill méi Riichteren no menger Amtszäit wéi viru menger Amtszäit. Ehm, dat heescht, ech hunn och do d'Justiz substanziell ënnerstëtzt. An datt een da muss déi Leit all opdeelen. Mä et war selbstverständlech d'Aufgab vun der Justiz, vum Procureur, vum Untersuchungsriichter a vun der Police judiciare, fir ze kucken, wéi se dat dann am deegleche maachen.

An ech hunn duerfir net gesot: „Dir hutt esou vill Leit duerfir an esou vill Leit duerfir." Ech kenne jo guer net all d'Affären. Et ass jo guer net meng Aufgab, mä datt ech gesot hunn: „Kuckt, datt mer virukommen. Kuckt datt mer virukommen an all den Affären." Dat war e Ceterum censeo, deen ech gemaach hunn. An deen ass awer... dee kann een ëmgedréint formuléieren, mä deen ass net ëmgedréint ze formuléieren.

An ech muss nach eng Kéier soen: Dat, wat den Här Biever um Radio gesot huet, wéi ech dat héieren hunn, wéi ech dat gelies hunn, ass en fait net contraire zu deem, wat ech soen. Ech kann also mat deenen... Well en do de Kontext beschriwwen huet, ass dat ... ass dat ze confirméieren. En huet och gesot, datt ech en net ënner Drock gesat hunn. A wou hätt ech och... Ech soen nach en Kéier: Wou wier dann och mäin Intérêt a meng Iddi doderhannert? Also, ech konnt mer... kéint mer se deemools net virstellen an och haut net virstellen, well ech hätt gären, datt déi Affär soll opgekläert ginn. D'Leit sinn entweder schëlleg oder sinn net schëlleg. Ehm, dat soll d'Justiz décidéieren. An dann... dann ass et dat.

An duerfir, dat soll gemaach ginn. An duerfir mengen ech, soll ee sech op déi Saache konzentréieren, ëm déi et hei wierklech geet. An dat ass dee Prozess, deen enges Daags och wäert säin Uerteel fällen.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Okay. Fein. Da soe mer och dem Minister Merci. Ech géing mengen... Wëllt Dir elo direkt...

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Och neen.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Da géing ech proposéieren, mir géifen...

**M. Jacques-Yves Henckes** *(Onofhängeg).-* Dass mer den Här Biever gengen drop reagéieren....

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Neen, mir stellen elo emol d'Froe vum Här Bettel, an dann den Här Braz. An da kucke mer.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Mir kënne jo awer elo net dem Här Frieden reprochéieren, dass en eis seet, grad seng Kanner sinn nach op der Uni. Hei geet et wierklech net dorëms. Hei geet et drëms, ëm Aussoen, déi gemaach gi sinn. Dir sot elo just: „Ech hätt gären, dass déi Affär opgekläert soll ginn."

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Natierlech.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Dat ass de Contraire am Fong vun deem, wat mer.. Dee Message, dat wier jo e Message gewiescht beim Parquet: Braucht Der nach Leit? Braucht Der nach Hëllef? Wéi et geet. Et huet ee jo d'Gefill, wéi wann et de Contraire wierklech wier. Musst Der wierklech nach déi doten Affär hunn? An dat, well Der elo just als Konklusioun gesot hutt, Dir hätt gären, dass déi Affär sollt opgekläert ginn, huet een d'Gefill, wann een esou Ären Développelement liest, dass et au contraire wier misst déi doten Affär nach opgekläert ginn esou vill Joren derno. Do muss een eng Kéier wëssen a wéi eng Richung dass et geet.

D'Fro ass awer, Dir hutt gesot: „Jo, mir hunn eng Kéier driwwer geschwat." Den Här Biever seet jo, Dir hätt d'Fro gestallt. Et ginn nach aner Saachen. An Dir hutt vun der Luxairs-Affär geschwat a vun aneren Affären. Dat hutt Der gëschter um Radio gemaach; ça n'a rien à voir.

De Fait ass awer: Ass dat eemol geschitt? Wann Der déi éischte Kéier sot: „Hei, et muss déi doten Affär opgekläert ginn“, an Dir mierkt, dass de Procureur awer insistéiert, well e gären awer d’Wourecht an deem doten Dossier kritt, ass dat dann nach eng zweete Kéier gefrot ginn? Ass dat nach eng drëtte Kéier gefrot ginn? Ass dat nach eng véierte Kéier gefrot ginn? Well dann ass dat fir mech selbstverständlech eng aner Situatioun, wéi wann een eng Kéier freet: Ass déi doten Affär opzeklären oder net? Oder muss dat sinn? Oder wéi och ëmmer. Wann een dat eemol seet, wéi wann een dat dräimol seet.

Hei ass och gesot ginn, dass d’Untersuchungsriichterin ugeschwat ginn ass, wat fir mech en neie Fait ass. Well dass de Parquet an de Ministère de la Justice, zesumme kënnen diskutéieren, ass eppes, wat et a verschiddene Länner gëtt, a verschiddenen anere Länner net gëtt. Mä dass ee mat enger Untersuchungsriichter iwwert den Dossier schwätzt, da froen ech och, Här President, dass mer d’Madame Woltz hei an dëser Kommissioun gesinn. Sorry, ech insistéieren, dass d’Madame Woltz muss hei an dëser Kommissioun gesi ginn, fir ze kucken, wat och d’Madame Woltz gesot kritt huet oder net.

Dann, Dir hutt gesot, jo, et wier eng schwiereg Situatioun mat där Affär vum Här Reuland. Meng Fro ass: Stëmmt dat, dass Engueuladë komm sinn zwëschen Iech an dem Här Biever. Et ass gejaut duerch d’ganz Büroen, dass een Iech héieren huet, dass Der net eens waart, an dass Der am Fong do virdru keen anere Choix hat? Well Dir hutt gesot: „Et war mäi Choix, fir den Här Reuland ofzesetzen.“ Well et schéngt, wéi wann Der keen anere Choix gehat hätt, wéi en ofzesetzen.

A last but not least, ech hu scho virdrun eng Kéier d’Fro gestallt: Hutt Der och mam Här Statsminister doriwwer geschwat oder net?

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.*- Okay. Ech mengen, mir sammelen elo emol e bëssen, he. An dann huele mer als Nächsten de Félix Braz.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).*- Jo.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.*- Félix.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).*- E puer... Pardon. Just nach eng Note hei. E puer Remarquen. Déi éischt Remarque ass: Ech stelle fest, dass Der probéiert hutt an Ären Erklärungen, Här Minister, dem Här Biever net ze widderspriechen. Dir hutt näischt falsch gemaach vun deem, wat e gesot huet.

Zweet Remarque: Dir hutt geschwat vun de Leit. D’Leit, déi Iech drop ugeschwat hunn. An d’Leit, déi soen dëst an dat. Der waart net d’Leit. Dir waart de Justizminister. Dir hat eng Missioun, och par rapport zu de Leit. Är Missioun war et net dem Här Biever d’Meenung vun de Leit nozebréngen, mä wann dann de Leit d’Meenung vum Parquet an de Stand vun der Enquête nozebréngen. An déi Richtung geet Är Missioun a mengen Aen.

Drëtt Remarque: Do reagéieren ech drop, wat de Xavier gesot huet, dat, wat d’Madame Woltz gesot huet, den Här Biever huet se zitéiert mat dem Ausdrock: „Wéini maacht Der deen Dossier endlech zou?“ Do hutt Dr widdersprach. Do sot Der, dat wier net esou wéi Der et gesot hätt. Ech sinn der Meenung, dass deen do prezise Punkt muss gekläert ginn. Ech wier wierklech och frou vun der Madame Woltz ze héieren, wéi hir Erënnerung ass.

**Une voix**.- Ka si dann direkt kommen?

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.*- Majo.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).*- Neen, neen.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Jo, ech mengen... Neen, passt elo emol op. Wann ech just eng Zwëschefro...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Jo.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Ech mengen, mir sinn elo grouss an al genuch a mir kucken, dass mer déi Saach elo net nach eng zweeten Enquêtëkommissioun hei laanschthuelen. Ech géing proposéieren, Här Procureur général, Dir hutt gesot, dass d'Madame Woltz Iech autoriséiert hätt, fir dat hei ze soen.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Mat deem Wording.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Ech wier net...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Mat deem exakte Wording.

**Une voix** : Nee, dat hu mer net.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Jo, ech wier net onfrou, an ech gesinn och, mengen ech, dass dat zu engem Konsens kéint an der Kommissioun féieren, wa mer géinge kucken, dass mer och d'Madame Woltz elo géifen direkt heihinner kréien, well net, dass mer elo eng Versioun hunn an dann... Also, et gëtt keng zweet SREL-Geschicht, dat hei. Ehm, kënnt Dir vläicht kucken - ech weess, dass d'Chamber net... Dir sidd amgaangen -, dass d'Madame Woltz géing kommen?

**Une voix**.- Ech probéieren och ewell.

***(Hilarité)***

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Mir sinn och net am SREL, dass mer d'Handye mussen ofginn.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ech fueren da weider en attendant.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Jo.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ehm, wéi gesot, ech hätt dat och... Waart eng Sekonn.

[La réunion est interrompue pendant quelques minutes, en attendant l'arrivée de Mme Doris Woltz.]

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Et ass all Mënsch, bon, censéiert hei ze sinn. Da fuere mer mat eiser Sitzung virun.

Ech soen dem Procureur général Merci an och der Madame Woltz, dass se esou séier disponibel war, fir heihinner ze kommen.

Ehm, Madame Woltz, et geet eigentlech ëm ee prezise Punkt. Virdrun huet den Här Procureur général gesot, dass Dir e Gespréich gehat hätt en marche vun dem 50. Anniversaire vum Basketball Contern, a wou e kuerzt Gespréich tëscht Iech an dem Minister Frieden, deemoolege Justizminister Frieden, war iwwert de Stand oder d'Weiderféiere vun der Enquête vun der Bommeleeëraffär. A mir wollten eigentlech elo vun Iech héieren - quitte dass dat Wuert „héieren"... -, dass Dir eis preziséiert, wat do genau geschwat gouf oder wat Är Erënnerung nach ass vun deem, wat do geschwat gouf.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Entschëllegt, wann ech eng Remarque géif derbäihänken. Et ass och eigentlech ëm de prezise Wording gaangen, well den Här Biever huet no Récksprooch mat Iech seng Duerstellung gemaach. An den Här Frieden huet awer gemengt, dat wär

sécher net esou, wéi hien et gesot hätt. An duerfir. An dat ass awer elo keng irrelevant Fro, och wann et net déi eenzeg ass.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Ee Wuert dozou. Iert ech de Moie koum, hunn ech nach mat der Madame Woltz geschwat. A si huet gesot, dat do, dee Wording - sot Dir elo hei op Lëtzebuergesch -, dat wär deen, deen ech hei kéint matdeelen. Dat soll ganz kloer sinn.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Géift Dir eis dann, Madame Woltz, de vive voix elo eng Kéier soen, wat Är Meenung oder Är Erënnerung nach dozou ass.

**Mme Doris Woltz,** *ancien Juge d'instruction.-* Also, mir geet et da wahrscheinlech och, wéi verschiddenen Zeien: Fir wuertwiertlech ze soen, wat den Här Frieden gesot huet, wat ech geäntwert hunn, kann ech net. Wat ech awer soe kann, an dat ass dat, wat den Biever scho gesot huet: Et huet mech markéiert, well et menger Erënnerung no an deem ganzen Dossier déi eenzeg Kéier war, wou ech bewosst eleng mam Här Frieden iwwert deen Dossier en tant que tel, mengen ech, geschwat hätt, pour autant dass mer iwwerhaapt driwwer... Mir hunn ni iwwert deen Dossier geschwat. Dofir huet et mech markéiert.

Et huet mech och markéiert an deem Sënn, dass et, wéi gesot, et war à l'issue, mä ech weess nach, dass mer zur Dier erausgaange sinn aus der Sportshal, an ech... Doropshin hu mer matenee geschwat. Ech soen och net, dass den Här Frieden mech ugesprach huet, ech hien, wéi och ëmmer d'Circonstancen dee Moment waren.

Mä d'Gespréich ass relativ schnell op de Bommeleeërdossier komm. An den Här Frieden huet mech gefrot, wini deen da géif zougemaach ginn. An ech konnt em jo elo net soen: E gëtt zougemaach; e gëtt net zougemaach. Dat huet jo ëmmer vun de Circonstancen ofgehaangen.

An ech mengen, dat war jo Mëtt 2006, wann ech dat richteg... Op jidde Fall war et Summer. Et muss 2006 gewiescht sinn. An et huet mech ebe markéiert, well et just dorëms gaangen ass an ëmmer erëms dorëms gaangen ass, wéi laang dat nach géif goen, wéi laang deen Dossier dann nach op wär a wini en dann eng Kéier géif zougemaach ginn. Ouni elo ze soen: „Maacht en zou." Dat ass och net gesot ginn. Dat ass sécher.

Et war awer just fir mech - an dat soen ech einfach, well dat mech perséinlech getraff huet -, wéi ech heemgaange sinn, war ech erschloen. Ech soen dat, well ech dat esou emfonnt hunn. Dat war fir mech alt erëm déi x-te Confirmatioun an deem Dossier, dass do keen Appui do ass. Do ass net fir mech déi Ënnerstëtzung, déi ech mer an all deene Joren erwaart hunn an deem Dossier. Déi war net do.

Ech kann net soen, dass dat wëssentlech, onwëssentlech... Dat wëll ech alles net dem Här Minister ënnerstellen. Ech wëll just domat zum Ausdrock bréngen, dass dat mech markéiert huet einfach an der Approche deen Dossier.

Dat Schéinst wier jo, e géif zougemaach ginn, ne. Dat war ëmmer an deem Dossier, war dat ëmmer do. Ech sinn d'accord, dass aner Dossieren hu misse gemaach ginn. Ech war jo och... Déi Zäit war ech Direkter am Cabinet. Ech weess, wat vun Dossieren do war. Ech weess och, dass e Luxair-Dossier do war. An ech weess och, dass dee seng Zäit gebracht huet. Mä ech mengen, et weess awer jiddwereen haut: En ass gemaach, en ass évacuéiert an éischter an an zweeter Instanz. Och dat soll ee wëssen.

Ech wëll just domat soen, dass: Nieft deem Bommeleeër-Dossier hunn ech an aner Untersuchungsriichtere ganz vill aner Dossiere gemaach, déi och net ohne waren.

***(Interruption)***

Ech wëll dat just soen. Mä ech wëll awer och viraussoen, dass dee Wuertlaut, esou kann ech en net erëmginn, wéi e war. Ech soe just, wéi ech dat opgeholl hunn, wéi ech dat emfonnt hunn, dat Gespréich. Well ech wierklech... Éischtens ass een am Private frou, wann een nu wierklech net muss iwwert d'Aarbech schwätzen, an zweetens, wann een... A deem Dossier ass et... Dat ass en Dossier, deen nu wierklech säi Poids hat an nach ëmmer huet. A fir deen, deen e mécht, ganz sécher. Oder déi, déi e gemaach hunn.

An ech mengen, deen Eenzegen, dee sech ëmmer viru mech gestallt huet, fir dass ech meng Aarbecht iwwerhaapt konnt maachen als Untersuchungsriichter, war den Här Biever. Soss keen! Soss guer keen! An dat fannen ech einfach wichteg, dass och dat gesot gëtt, onofhängeg dovunner, wéi elo dem Här Minister seng Astellung zum Dossier en tant que tel war oder... E wousst och keng Detailer. Dat war och net d'Fro. En huet och keng Detailer gefrot.

En huet just déi dote Remarque gemaach. Mä se huet mech ebe perséinlech getraff, well ech mer gesot hunn: Et wëllt keen et wëssen. Oder: Mir si jo nach amgaang ze schaffen. A mir waren - an dat muss een och soen -, Mëtt 2006 war ech net op engem Niveau, wou mer scho ganz kloer definéiert haten... Dach, mir wousste schonn a wat fir eng Richtung, et géif goen. Mir ware jo scho ganz kloer an eng ganz geziilte Richtung, déi eben elo an der Sitzung verhandelt gëtt. Mir waren awer net onbedéngt scho ganz esou kloer bei Personnagen, déi een do scho konnt identifizéieren als solchen. Dat huet sech am Laf vun deene Méint dono erginn. Dat ass dat Eenzegt, wat ech elo kann dozou soen.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Okay. Et hunn eng Rei vu Leit d'Wuert gefrot. De Félix hat et fir d'Éischt gefrot, dann de Jacques-Yves an dann de Lucien Weiler.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Et ass manner, well ech fir d'Éischt gefrot hat, mä ech war virdrun amgaangen, wéi mer ënnerbrach waren bis d'Weiderfueren. Ehm, déi...

Also Merci, Madame Woltz, och fir d'Prezisiounen, déi Der ginn hutt, well dat ass eng vun de Froen, déi mer gestallt haten. Mä ech mengen, onofhängeg vum Wording - dat ass och fir mech den Haaptpunkt, ech hat dat och agangs scho gesot -, fir mech geet et hei ëm d'Ënnerstëtzung oder net d'Ënnerstëtzung.

Hutt Dir, Här Frieden, an där Zäit, wou Der Justizminister waart, da bei iergendengem aneren Dossier e puermol am Joer jorelaang nogefrot, ob deen Dossier e Sënn hätt weidergefouert ze ginn? Well Dir stellt dat gären e bëssen duer, wéi wann dat esou eng anodineRemarque wier, déi Der géingt maachen. Ehm, wéi gesot, Dir dierft där Meenung sinn - dat hunn ech Iech agangs och gesot -, mä Dir sot dat eemol. Da weess den Här Biever et, dass Der eigentlech fannt, et wier vergiewens Méi, mä ab do ënnerstëtzt Der awer. Dat hutt Der net gemaach.

Dir hutt jorelaang konstant, permanent eigentlech, ëmmer nëmmen d'Signal ausgesent „Gitt Iech dach", au point, dass eng erfuere Madame wéi d'Madame Woltz, déi awer elo net bekannt ass derfir, datt se elo speziell liicht aus der Bunn ze bréngen wier... Well si seet, si wär - ech widderhuelen - erschloen, d'Madame Woltz, erschoen duerch dat, wat Dir sot. Hutt Der dann en âme et conscience d'Gewëssheet Ären Job gemaach ze hunn als Minister? Dir hutt hei während Joren näischt anescht gemaach, wéi hinnen all Ënnerstëtzung ze verweigeren.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Neen.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dach! Dat ass meng Meenung. Ech wäert hei meng Meenung awer kënne soen.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Jo, jo, neen.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Oder solle mer ophalen? Ech wäert hei meng Meeung kënne soen.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Neen, neen, et ass gutt. Fuert virun.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dir hutt all Ënnerstëtzung während Jore refuséiert. Refuséiert! An Dir stellt d'Fro, wéi een Intérêt, dass Der hätt. Ma Dir musst déi Fro beäntwerten. Beäntwert Är eege Fro.

Ech weess just, dass 2004, wou d'Regierungsbildung war, wou Dir nieft der Justiz d'Police kritt hutt, hu mir dat kritiséiert. Mir hunn dat e ganz schlechte Choix fonnt. Mir ware leider eleng. Mir ware leider eleng. Eenzel Leit och nach, mä d'Regierung ass esou constituéiert ginn. Ganz schlecht Optioun! Ganz schlecht Optioun! An et ass esou gaang, wéi een et befaart huet: Ëmmer dann, wann - soen ech emol - Arbitragen ze maache waren op uergendeng Aart a Weis, hat een ëmmer d'Gefill, dass d'Police besser wechkënnt wéi d'Justiz. Awer riichtduerch. Dir hutt vun den Effektiver vun der Justiz geschwat. Kuckt déi vun der Police. Déi sinn awer net am selwechte Mooss geklommen. Et de très loin net.

Dofir, stellt Iech d'Fro selwer a gitt eis d'Äntwert: Wat war dann Ären Intérêt, fir hei permanent d'Ënnerstëtzung ze refuséieren? An dat ass dat, wat Der gemaach hutt. An ech muss soen, deen Terme, deen d'Madame Woltz elo gebraucht huet, fir ze soen, si wier erschloen, dat ass fir mech awer och elo zimlech hefteg, he.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Okay. Deen Nächsten, deen d'Wuert gefrot huet, war de Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(Onofhängeg).-* Voilà. Ech mengen, d'Wuert „zoumaachen", dat kann een am Franséischen als clôturléieren oder klasséiere gesinn. Dat heescht, en Dossier, deen ugefaange gëtt... Voilà, dofir hunn ech elo gesot gehat, hei muss ee vläicht elo preziséieren, vu datt dat hei en Dossier ass, wou et jo muss virugoen, wou eng Enquête muss gemaach ginn, ne.

Klasséieren, dat heescht, datt een dem Untersuchungsriichter zougesot hätt, e misst déi Affär do elo siloossen, dat heescht, dat Ganzt zoumaachen. Während wann ee seet clôturéieren, dat heescht, et nach weiderféieren, bis et zum Enn geet, mä awer do nach e bëssen accéléréieren.

Dofir wollt ech elo froen, well den Ausdrock „zoumaachen" kann een esou oder esou verstoen. Also, dofir hänkt dat och e bësse vum Kontext of. An et ass do, wou ech wollt eng kleng Prezisioun froen.

**Mme Doris Woltz,** *ancien Juge d'instruction.-* Ech äntwere just ganz kuerz drop. Fir mech ass clôturéiere ganz einfach den Dossier zoumaachen als Untersuchungsriichter. Wat dono mam Dossier geschitt, ass dann eng aner Fro. D'Clôture ass ëmmer, wann den Untersuchungsriichter fäerdeg ass mat der Instruktioun an e mécht se dann zou, egal wéi d'Prozedur dann dee Moment weiderleeft.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Okay. Dat ass awer net eng onwichteg Prezisioun. Den Nächsten ass de Lucien Weiler.

**M. Lucien Weiler** *(CSV).-* Jo, Här President. Et ass elo vill geschwat ginn hei vum Intérêt vum Minister. Ech géif schwätze vu gegebenenfalls der Motivatioun vum Minister, datt en e bëssen eng retizent Haltung ageholl huet no deenen laange Joren hei. Den Här Braz seet, e soll selwer eng Äntwert op d'Fro ginn. De Minister huet d'Äntwert ginn, wat seng Motivatioun

war, fir retizent vis-à-vis vun där Affär ze sinn. Et ass, well e gesot huet: „Mä et huet soulaang gedauert. Et si vill aner Affären do.“ An den Här Procureur huet dat... De Procureur général huet gesot: „Dir hutt esou vill Enquêten ze maachen, ass dat da wierklech nach opportun,...“ - och wann deen Terme contestéiert ass - „...fir dat do ze maachen?“

Mir mussen eis erënneren, et goufen nach aner Affären. Et gouf eng ganz grouss an déck Affär Bauerenzentral. Déi ass och iergendwann zougemaach ginn. An datt een... datt de Minister awer bei enger... Déi huet gradesou... bal gradesou laang, mengen ech, gedauert wéi déi aner. Vläicht net grad, mä awer och laang, laang, laang. Iergendwann ass se zougemaach ginn.

An datt e Justizminister dann...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Op Drock vum Justizminister vun deemools, oder wéi?

**M. Lucien Weiler** *(CSV).-* Vun der Justiz.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ah, dat heescht, Dir hutt em...

**M. Lucien Weiler** *(CSV).-* Jo, mä et goufe jo och do...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dat heescht, do huet de Minister keen Drock...

**M. Lucien Weiler** *(CSV).-* Neen, lauschtert emol, Här Braz. Ech hunn Iech schwätze gelooss. D’Héiflechkeet verlaangt, datt Der dat och deenen aneren zougestitt.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ma selbstverständlech.

**M. Lucien Weiler** *(CSV).-* D’Justiz hat deemools eng Motivatioun, eng Begrënnung, firwat datt se deen Dossier iergendwann klasséiert huet. An datt ee sech awer ka Froe stellen, wann Affären... Deemools huet d’Justiz sech Froe gestallt.

Solle mer nach no deene laange Joren nach eng Kéier ufänken, oder solle mer ophalen? An d’Justiz huet décidéiert: Mir halen op. Esou datt ee sech och bei där heiter Fro déi Fro konnt stellen, déi de Justizminister sech gestallt huet: Déi do oder eng aner Affär, déi esou laang gedauert huet, ass net vläicht awer de Moment komm, fir aner Prioritéiten ze setzen?

Ech mengen, dat war d’Iddi, déi de Minister eis virdrun och hei erkläert huet. Mä ech wollt der Madame Woltz d’Fro elo stellen: Wann de Minister... An ech ginn dervun aus, datt dat Gespréich esou war an datt hie gesot huet: „Wéi wäit sidd Der? Gëtt dat eng Kéier zougemaach?“ Oder: „Wini gëtt et zougemaach?“ Ehm, huet d’Madame Woltz eng Iddi, wat hätt kënnen d’Motivatioun si vum Minister, fir déi Fro ze stellen?

**Mme Doris Woltz,** *ancien Juge d'instruction.-* Also, ech wëll net spekuléieren. Ech war an der Magistrature assise. Dat steet mir och net zou, fir engem Minister ze ënnerstellen oder net ze ënnerstellen, wat seng Motivatioun kéint gewiescht sinn. De Minister ka soen, et waren aner Dossieren, déi vläicht genausou wichteg oder och wichteg, wéi och ëmmer, waren. Dat stoung jo awer net zur Debatt.

Dat do ass en Dossier, deen... deen de Kader vun deem sprengt, wat ech och vun normalen Dossiere gemaach hunn. An ech hunn der eng Partie gemaach, déi och déck waren. Mä net dat do. Dat do ass einfach e Problem, deen awer hei dann elo ugeschwat ginn ass, wann de Minister zwou Kapen huet. En huet jo engersäits d’Justiz, an en huet déi aner Säit d’Police. Dat ass net glécklech fir eis gewiescht. An et war och net hëllefräich dee Moment.

Dorop hunn ech keen Afloss. Den Här Frieden war Justizminister an där Zäit, wou ech eben deen Dossier hat. Fir mech ass et... Et ass eng aner Approche. Ech kann net mat engem Minister iwwer... iwwer... éischtens, iwwer en Dossier schwätzen. Dat war och net de Sujet

d'ailleurs; dat wëll ech och ervirhiewen. Par conter kann ech och näischt a mengen Aen zu em soen, well dat och nach eng ganz aner Approche ass, wéi wann de Parquet eppes seet. Ech hat do en Devoir de réserve. Deen hunn ech och agehalen. An ech hunn och bis haut näischt doriwwer gesot. Ech hat et och net wëlles.

Ech war awer d'accord, dass den Här Biever dat haut... Well ech mengen, dass dat hei de Gremium ass, wou et eben ubruecht ass, wa schonn iwwer Saache geschwat gëtt, dann dat hei ze soen an net iergendwou an der Press, well ech dat och net glécklech fannen.

Mä, wéi gesot, fir mech war de Malaise einfach: Mir waren an enger bestëmmter Richtung a mir haten ee Minister, deen zwou Kapen unhat. An dat war fir mech einfach net glécklech, onofängeg dovunner, wat elo d'Motivatioun vum Här Minister dee Moment ka gewiescht sinn.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Okay.De Xavier Bettel an dann den Alex Bodry.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* E puer Saachen. Et muss jo frustrant sin - Dir hutt et selwer gesot -, bon, erschloen, mä och perséinlech getraff, wann een enquêtéiert an net... obwuel de Procureur général huet ëmmer vun enger Chape de plomb geschwat, déi ee misst sprengen. An ech mengen, dass se amgaangen ass gesprengt ze ginn.

Dir hutt och gesot, dass déi Entrevue, also déi Entrevue... déi Rencontre mam Här Frieden zu Contern, de 50. Anniversaire vum Basket, Dir bestëmmt net déi sidd, déi owes ufänkt iwwer en Dossier ze schwätzen, **wa se zu Contern ass**. Dat heescht, ech ka mer kaum virstellen, dass Dir mat der Diskussioun ugefaangen hutt, fir iwwert de Bommeleeër ze diskutéieren. Do musst Der iwwerrascht gewiescht sinn. A virun allem iwwert déi Fro.

Wann Der sot, Dir wiert erschloen a perséinlech getraff, ass, well Der do gesot hutt: „Bon, elo kréien ech déi néideg Ënnerstëtzung. Hien ass net d'Police, d'PJ en plus, déi d'Aarbecht mécht fir Iech", well d'Police huet op d'Justiz a wéi eng Richtung gi mer do, dass Der Iech Froe gestallt hutt.

Du koum d'Suite och, wou den Här Biever jo e Bréif geschriwwen huet, deen den Här Reuland concernéiert huet. Ehm, an Ärem Dossier, an d'Enquêteurë si jo och do an déi Richtung gaangen. An déi Informatioune si jo och komm sécher bei enger Ausso, dass den Här Reuland gesot huet, den Här Procureur…Basta.

Et schéngt esou, wéi wann den Här Frieden an den Här (?) an den Här Biever e viven Échange gehat hätten an dass Dir net wäit gewiescht wiert. Ass dat wouer? Oder op jidde Fall, dass Der et matkritt hätt, dass et op jidde Fall e viven Échange gi wier tëscht dem Här Biever an dem Här Frieden zu deem dote Kontext.

A schlussendlech, Dir sot, Dir hätt net Drock gemaach kritt, mä op jidde Fall, et ass fir d'Éischt an Ärer Carrière, wou Der och vun engem Minister gesot kritt: „Wou sidd Der mat deem Dossier drun?" Oder ass dat schonn Usus gewiescht och bei anere Fäll?

**Mme Doris Woltz,** *ancien Juge d'instruction.-* A sech sinn ech jo net ugesprach gi vun engem Minister op iergenden Dossier. Wann, dann ass dat via Parquet gelaf. Dat war net... Dat ass och net um Minister, fir en Untersuchungsriichter ze froen. Dat kann en d'ailleurs och net. Dat ass dann iwwert déi Schinn vum Parquet gelaf. Dat ass richteg. Dat hei... Wéi gesot, dat huet sech vläicht aus de Circonstancen esou erginn, dat Gespréich.

Ehm, wéi gesot, ech wëll dem Minister net hei eppes ënnerstellen. Ech soe just, dass et eng onglécklech Situatioun ass. Mä wat ech awer direkt wëll hannendrunhänken, dat ass, dass ech fir déi Enquêteuren do kee Problem hat. Ech wousst, dass déi fir mech géife schaffen a

fir keen aneren. Net fir d'Police, net fir de Minister an net fir den Direkter vun der Police. Soss hätten déi dat net mat eis duerchgezunn, wat se gemaach hunn.

Well dat si Leit, dat sinn Inspekteren, déi an enger Carrière sinn, wou ee muss wëssen, wat déi do alles agestach hunn, och an hirem Betrib. Well mengt net, dass d'Police intern dozou steet. Déi ass och gespléckt, wéi d'ailleurs op villen Niveauen d'Leit gespléckt sinn iwwert deen Dossier. Dat ass eng Saach.

Mä déi Leit do hu ganz vill agestach op hirer Aarbechtsplaz fir déi Saachen, déi ech se gedoen hu maachen. Dat dierf een net vergiessen: Déi Perquisitiounen, déi se gemaach hunn, déi Auditiounen, déi se gemaach hunn, wou se sech Saachen hu misse gefale loossen, well do Leit gehéiert gi sinn, déi natierlech hierarchesch bei hinne wäit uewendriwwer waren.

An da soen ech mer: Do muss ee sech kënnen en Appui erwaarden. Ech soen net, dass ech dee gebraucht hätt vum Minister, fir den Dossier ze maachen. Mir hunn e jo och gemaach, den Dossier. Dat ass net d'Fro. Ech wëll just domat soen, dass: An deem Dossier war een ëmmer dee Grupp, deen huet missen zesummenhalen, fir deen Dossier do ze maachen. Do war net iergendwéi den Appui. Ech soen net, dass dat muss e groussen Appui sinn. Dee muss och net no bausse gekéiert sinn. Ech wëll just mierken, dass e reellen Intérêt do ass, fir mat eis déi Affär ze maachen, esou wéi ech dat och d'ailleurs op verschiddene Plaze geschriwwen hunn.

Et muss en Intérêt certain oder e certain Intérêt do sinn, och fir d'Police, fir jiddwereen, fir dass déi Affär gemaach gëtt. Egal wéi se ausgeet. Egal wat dobäi erauskënnt. Si muss opgeschafft ginn, a si muss propper opgeschafft ginn. An do erwaart ee sech dann einfach iergendwéi mënschlech... Ech schwätzen elo och vum mëschleche Standpunkt vu mir aus, well dat do en Dossier ass, deen... Iwwer all déi Jore geet dee mat engem. An dee gëtt een net lass, bis en eng Kéier fäerdeg ass, ne.

An duerfir ass et da wichteg, dass een awer gesäit, dass eben op allerhéchstem Niveau och do op d'mannst d'Gefill ee kritt, dass een dat, wat ee mécht, wierklech soll maachen an dass et ubruecht ass, fir eng Enquête ze maachen.

An hei ass et wierklech drëms gaangen, fir en Dossier einfach nei opzeschaffen. Ni plus, ni moins. Dat gëtt an x anere Länner mat x aneren alen Affäre gemaach aus den 80er Joren, wou ee probéiert mat neie Methoden, neie Moyenen, neie Leit en Dossier eng Kéier propper opzeschaffen. An dat war eis Iddi, an dat hu mer gemaach.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Den Här Frieden huet eis gesot, dass et säi Wonsch jo gewiescht wär: „Ech hätt gär, dass déi Affär opgekläert sollt ginn." Dat ass jo net dee Message, deen en Iech deen Dag ginn huet?

**Mme Doris Woltz,** *ancien Juge d'instruction.-* Och dat kenn ech dem Minister elo net ënnerstellen an och net anescht... falschmaachen. Ech soe just, dass ech dee Moment op jidde Fall net dat Gefill hat, dass deen Intérêt elo do wier, fir en opzeklären. Dass de Minister dat gesot huet, dass en dat och sécher esou mengt, kann ech mer virstellen. Mä op jidde Fall, dat war net dat, wat ech emfonnt hunn deemools.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* An déi Affär mam Här Reuland? Hutt Dir do eppes...? Stëmmt dat oder net?

**Mme Doris Woltz,** *ancien Juge d'instruction.-* Ech kann do elo guer näischt...

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Mengt Der, dat wär... also eng Engueulade tëscht Frieden/Biever?

**Mme Doris Woltz,** *ancien Juge d'instruction.-* Also, ech mengen, dass den Här Biever an ech, dass mer matenee geschwat hunn regelméisseg an deem Dossier, schéngt jo evident ze sinn, soss kann een dat jo och net maachen. Dat geschitt d'ailleurs och mat aneren Dossieren och mam Parquet, wou et ubruecht ass a wou et wichteg ass. Mä ech kann elo bewosst net soen, dass do iergendwou eng Kéier en heftegt Gespréich gewiescht wär. Dat kann ech esou net novollzéien. Ech weess och net, wéi ech dat zäitlech elo géif situéieren, ne.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Den Alex Bodry, wann ech gelift.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Jo, et ass keng einfach Diskussioun dat hei, well et ëm vill Interpretatioune geet, wou jiddwereen dat vu sengem Standpunkt natierlech interpretéiert aus senger spezieller Situatioun eraus.

Mir schéngt et awer de relativ kruziale Punkt ze sinn op déi Nofro vum Minister, sief et beim Procureur vun deemools oder bei der Untersuchungsriichterin, ob déi eigentlech den Haaptmessage oder d'Absicht war, fir ze soen: „Dat dauert esou vill Joer. Kuckt deen Dossier ofzeschléissen, am Sënn op e gutt Enn ze bréngen, dass d'Enquête fäerdeg ass, fir dass et zu Konklusioune kënnt." Oder war de Message éischter: „Kuckt dat doten esou schnell wéi méiglech ewechzekréien." Et ass e bëssen dorëms, wou et sech dréint, ne. Ech mengen, do misste mer eng Kéier awer do vläicht eng Stellungnahm vun den Eenzelne Leit ze kréien.

An dat Zweet ass, de Procureur général huet virdru gesot, dass regelméisseg déi dote Fro ëmmer opgeworf ginn ass an Diskussiounen, déi e mam Minister huet. Ass dat och nach geschitt... Oder wéi war d'Reaktioun, wéi et zu den Arrestatioune komm ass vun de fréiere Gendarmen? Ass och dono nach esou eng Ausso gemaach ginn? Oder wéi war do d'Reaktioun?

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Sot, däerf ech elo froen, fir dass mer et e bësse komplett maachen, iert mer deenen zwee Leit awer d'Wuert ginn: Ass soss nach eng zousätzlech Fro?

**Une voix**.- Herno vläicht.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Okay. Da géing ech bieden, dass de Robert Biever géing ufänken, fir déi puer Zousatzfroen, déi gestallt goufen, fir do Stellung ze huelen.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Also, fir elo hannen unzefänken. Dem Här Bodry seng Fro, déi jo villes op ee Punkt bréngt, ob do gesot gouf: „Ass et opportun?", ob do gesot gëtt... gesot gouf: „Ass et ubruecht?" Oder awer fir d'Wierder genau ze huelen, datt den Här Frieden gesot hätt: „Hu mir dann hei am Land da soss näischt ze doen?" Dat ass sënngeméiss fir mech genau datselwecht. „Hu mir soss näischt ze doen?"

An et gëtt gesot, et ass esou eng al Affär. Mä et ass jo net ëm Gromperendéif hei gaang! An dat hu mer jo och ëmmer erëm derbäi gesot: „Dat hei", an och dem Här Frieden gesot, „dat hei ass eng Affär, déi richt schlecht. An do geet et ëm verschidde Saachen, déi do geschitt sinn, déi een einfach net kann hinhuelen, vum Fonctionnement vun den Institutiounen!" Et kann ee jo awer net ëmmer grandiloquent vun den Institutiounen an hei an do schwätzen, an dann huet een do esou eppes, an da seet een: „Oh, et ass esou laang hier." Dat ass e Fait.

Ech wëll awer derbäi soen, den Här Frieden... d'Zuel vun de Magistraten, mä dat ass de Sujet net, d'Zuel vun de Magistraten ass manifestement sensiblement an d'Luucht gaang, wéi den Här Frieden Justizminister war. Mä dat ass de Sujet heizou net. D'Zuel vun den

Unter... Neen, de Sujet hei ass par rapport zu der Affär vun de Bommeleeër. D'Zuel vun den Untersuchungsriichter ass och an d'Luucht gaang. Wann déi net an d'Luucht gaange wär, weess ech och net, eu égard zu den Affäre vun Détenuen an esou weider an esou virun, ob een dozou kënnt, dozou komm wär am selwechte Mooss? Also et ass net, fir alles elo an een Dëppen hei ze geheien! Mä et geet drëm hei par rapport zu där Affär. An ech insistéiere lourdement dorobber, fir ze soen: „Hu mir da soss näischt ze doen?" Jo, da maache mer aner Affären. A wat heescht dat? Wat heescht dat?

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Loosst se falen.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Ech si jo deen, deen am alleroftste gesot huet, datt d'Justiz ze lues ass, datt een och dofir muss aner Outile ginn, etc. Dat ass alles schlecht, dat ass alles guer net gutt. Ech soen awer guer net, dat wär elo de Ministeren oder onbedéngt de Ministeren hir Schold. Mä et ass ëmmer gesot ginn: „Hutt Dir da soss näischt", sënngeméiss, „hutt Dir da soss näischt ze doe wéi dat do? An et ginn dach esou vill aner Affären".

Wouer ass et och, datt, an och haut d'Leit vun der Affär, à la fois Bommeleeër, déi eng kënnen näischt méi dervun héieren, an déi aner, déi mengen, déi géifen nach just dofir liewen.

***(Hilarité)***

Mä et ass awer e bësschen esou, fannen ech.

***(Interruptions diverses)***

Ech falen an déi éischt Kategorie.

Well bei der Arrestatioun vun der Police, do war keen, kee begeeschtert! Dir musst Iech jo awer och emol virstellen, datt d'Enquêteuren op Leit aus hirem eegene Corps geschafft hunn. A fir déi Enquête huet bis elo nach kee Mënsch, kee Mënsch, kee Mënsch deenen Enquêteurë Merci gesot och fir hire Courage! Mä si kruten der laanscht d'Läffelen! A si kréien der all Dag laanscht d'Läffelen, datt et niwwelt a kraacht! Gell! Kee Mënsch... Dat war fir déi Leit och... Dir wësst jo, datt, bon, et ass e grousse Corps, mä déi Leit kenne sech, déi Leit, zënter ëmmer. An do war keen amüséiert!

A wat d'Jäizen ubelaangt, ech hunn den Här Frieden ni héiere jäizen. Iwwer mech selwer huelen ech do keng Garantie, mä elo awer ni par rapport zu him kann ech mech franchement wierklech net erënneren. Déi Gespréicher waren och zivil Gespréicher. Meng Sprooch ass e bësschen anescht wéi... Neen, dat war awer ni... Den Désaccord de fond war: „Hutt Dir soss näischt ze doen?" Dach, et waren aner Affären do, mä mir waren der Meenung, datt dat do eng Affär war an ass vun enger anerer Montur. Et geet net ëm Gromperendéif!

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Okay. Vläicht, Xavier, wann s de erlaabs, géife mer och dem Luc Frieden d'Wuert ginn, fir...

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Selbstverständlech.

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Et schéngt sech jo awer e bëssche méi openeen zou ze bewegen. Här Minister.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dat gesinn ech awer net esou, Gilles.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Dat géif mech och anescht wonnere vun Iech.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Majo, natierlech, well ech lauschteren no, wat gesot gëtt.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Jiddwereen huet, jiddweree ka seng Meenung a jiddwerengem seng Meenung soll respektéiert ginn. Ech muss awer soen, Här Braz, Är Meenung steet net iwwer menger. Wann Dir sot...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dat ass kloer.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Den Här Frieden huet permanent all Ënnerstëtzung refuséiert, dann ass dat just...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Dat wär eng Entrave à la justice.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Dat ass just Är Ausso an dat ass Är Ausso, mä ech hu keng Elementer, awer och wierklech keng Elementer a mengem Kapp, a mengem Comportement, a mengen Aussoe vun deene leschte Joren, déi dat géifen ënnermaueren. Hei geet et ëm Interpretatioun vu Meenungen. Hei geet et ëm Interpretatioun vu Meenungen an ier d'Madame Woltz hei war - si huet deen éischten Deel vum Gespréich net matkritt...

**Mme Doris Woltz,** *ancienne Juge d'instruction.-* Neen.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* ...hunn ech och net in etwa gesot... Éischtens ass et ganz interessant, d'Wierder, déi hei gebraucht anscheinend gi sinn, déi änneren hei dauernd! Ech weess net, ob een dat...Dofir ass et herno extrem utile och e Verbatim ze hunn. Ech hu se net all opgeschriwwen, ech kommen awer op eng Rei zréck.

Mäi Message, soen ech nach eng Kéier, war net: „Hu mir soss näischt ze doen?" Mä et gëtt ausser dem Bommeleeër och nach aner Saachen. Nuance!

An ech mengen, datt dat, deemools wéi haut, mä dat ass erëm eng Interpretatiounssaach - ech hunn Iech virdru gesot, datt ech ganz vill Leit begéinen, déi soen, ech lauschtere kee Radio méi, well ausser dem Bommeleeër gëtt et jo näischt méi zu Lëtzebuerg - dat heescht net, datt een da seet, domadder ass een net der Meenung, déi Affär soll gemaach ginn. Nuance! Elo sinn ech der Meenung, als Justizminister ass dat eppes aneschters, wéi wann een dat als Bierger seet.

Mä ech wëll just soen, deemools am Kontext, an do kommen ech nach eng Kéier drop zréck - et muss ee sech jo och erëm an dee Kontext setzen -, wann ee 25 Joer op enger Affär schafft, 30 Joer, dann ass et net illegitim, datt een och freet, a besonnesch, well déi Leit och gesot hunn, an duerfir wëll ech och der Madame Woltz dat soen, ech ka mech net un dat Gespréich erënneren, ech contestéieren awer net, datt esou ee Gespréich stattfonnt huet, wou géing ech och ?

Well ech wëll iwwregens soen, datt, wann ech op de Baskett ginn, stellen d'Leit mir ëmmer nëmme beruflech Froen. 95% vun de Leit, déi bei mech kommen um Baskett, stelle mir beruflech Froen. An datt do Leit sinn, déi ënner enger décker Aarbecht sinn, datt do vläicht e Gespréich opkomm ass, fir ze soen - Dir sot jo och, et wär ganz kuerz gewiescht -, fir ze soen: „Wéini kommt Der mat deem Dossier, wéini bréngt Der deen Dossier, dat heescht, wéini kënnt deen Dossier op en Enn?", ass eng Nuance massive mat deem, wat den Här Biever virdru gesot huet. Do hat hien nämlech gesot: „Wéini maacht Der den Dossier endlech zou?"

Dee Saz an dee Saz, deen Dir elo gesot hutt: „Wéini kënnt deen Dossier op en Enn?“ Wéi gesot, ech hu keng Notë geholl op deem Gespréich, duerfir ass dat immens schwiereg. Ech wëll Iech...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dir sot: „Wéini gëtt zougemaach?“ „Wéini gëtt zougemaach?“, sot d’Madame Woltz.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Jo, majo an deem Sënn...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dat ass genau datselwecht.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Neen, neen, ah neen!

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ah dach!

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Här Braz, loosst Dir... Hunn ech dat gesot oder hutt Dir dat gesot?

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ech hunn opgeschriwwen. Ech huele brav Noten. A si war erschloen no deem Gespréich! Fir Iech war dat e banaalt Gespréich, Dir hutt et vergiess. Si war erschloen. Ëmmerhin!

**M. Lucien Weiler** *(CSV).-* Här President, da brauche mer guer net dem Minister d’Wuert oder...

***(Interruptions diverses)***

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Souwisou, datt ech Iech net kann iwwerzeegen, dat ass jo net den...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Dach.

***(Interruptions diverses)***

**M. Gilles Roth** *(CSV), Président.-* Loosst elo emol den... Hei kommt, ech weess, dass d’Loft och e bëssche méi stéckeg heibannen ass, mä...

Hei, Luss, komm, wann ech gelift. Mir loossen de Minister elo schwätzen a mir kucken, dass mer dat hei, wéi all Commission juridique, roueg iwwert d’Bühn kréien, Félix, wann ech gelift.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Also: „Wéini maacht Der den Dossier endlech zou?“, kënnt ee verstoen, fir ze soen: „Ech wëll net, datt do eppes erauskënnt.“ Dat war, ass net meng Intentioun. Ech géif och... Éischtens wëll ech nach eng Kéier soen, Dir musst Iech déi Fro selwer stellen, Dir hutt zu mir gesot...

Ech hunn Intérêt drun, wéi all Bierger am Land, datt dat opgekläert gëtt. Et ass mer en fait och egal, ob et dee war oder dee war, ob et déi Institutioun war oder déi Institutioun. Dat ass net meng Aufgab. Dat muss d’Geriicht kucken, ob déi zwee, déi do sëtzen, et sinn oder ob anerer et sinn. Dat ass d’Aufgab vum Geriicht.

Mä et ass awer net illegitim, dat soen ech nach eng Kéier - ech fannen dat, et ass op d’mannst meng Impressioun -, datt, wann eng ganz Rei Affären do sinn, wann ech gesinn, datt d’Leit ganz vill dorunner ze schaffen hunn, datt een och eng Kéier freet: „Wéini kënnt dat doten op en Enn?“ Dat kann een engem herno anescht dréinen. Ech wëll just soen, datt ech déi Aarbecht do... Ech weess, datt dat eng schwéier Aarbecht war.

Ech kann nëmme soen, datt ech awer erstaunt sinn, datt d'Madame Woltz dat esou ëmpfonnt huet. Net erstaunt, mä datt ech dat, berufflech héchstwahrscheinlech, aus dëser Perspektiv kann novollzéien, mä datt dee Message awer, datt deen esou interpretéiert ginn ass, wann dat Gespréich dann esou stattfonnt huet, op jiddwer Fall an engem anere Kontext, net an deem Kontext, wéi den Här Bodry virdrun och résuméiert huet.

„Wéini kommt Der mat deem Dossier op en Enn?" An datt ech déi Fro stellen, ass net incompatibel mat menger Funktioun gewiescht.

Ech wëll och soen, dat ass fir mech ganz wichteg, d'Madame Woltz huet hei gesot: „Mir hunn net iwwert den Inhalt vum Dossier geschwat". Si huet och gesot: „Hien huet, de Minister huet", dat war ech dann, „hien huet keng Detailer gefrot". An ech wëll nach eng Kéier soen, ech hunn... A si huet och gesot: „Hien huet net gesot, maacht en zou". Dat sinn dräi extrem wichteg Aussoen. Meng Fro war also, no 25 Joer, esou wéi ech och virdrun zum Här Biever gesot hunn, an den Här Biever weess dat och: „Et ass esou villes do, a wéini kënnt dat do eng Kéier op en Enn. Enquêtéiert Der nach 30 Joer?" Dat heescht, nach eng Kéier, 2006. Et hätt jo och kënne sinn, datt nach 20 Joer...

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Do hate mir braichten (k)eng Décisioun beim Här Reuland ze huelen, wann et nach 30 Joer gedauert hätt.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Jo, ech mengen, dat si jo awer elo zwou verschidde Saachen. Well d'Décisioun, de Bréif...

***(Interruption)***

Ma neen...

Neen, neen, neen. D'Ofsetzung vum Här Reuland ass jo net direkt am Zesummenhang mat der Inculpatioun a mam Prozess, déi war am Kader...vun där Enquête, déi hunn ech souwisou..., déi ass souwisou komm. Och op deem Moment war jo dee Prozess...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Et war am Kader vun der Inculpatioun.

***(Brouhaha général)***

**Une voix**.- Virun der Inculpatioun. Neen!

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Wéi d'Inculpatioun komm ass, do huet den Här Reuland intern gesot: „Kameraden, keine Panik!".

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Okay! Dat ass richteg, dat ass richteg, dat ass richteg.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* An dowéint huet e misse goen. Et war selbstverständlich an deem Kader.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(Onofhängeg).-* Et war eng aner Déngen. Ech erënnere mech däers zwar nach ganz gutt...

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Ech soen, dat sinn awer zwou verschidde Saachen. Dat ass eng Saach, déi souwisou...

**M. Jacques-Yves Henckes** *(Onofhängeg).-* En huet sech net méi erënnert op en sonndes moies eng Kéier zwee Leit gefrot hat.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Et hat nëmmen domat ze dinn.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Ech wëll just soen...

***M. Jacques-Yves Henckes*** *(Onofhängeg).-* Et hat eng aner Diskussioun doriwwer...

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Neen, et ass richteg. Den Här Braz huet Recht, et ass deen anere Wee gewiescht.

Ech wëll just soen,...

**Une voix**.- Eng aner Geschicht.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-*...déi Décisioun, dat war eng, déi ze huele war vun der Regierung. An deem Sënn soen ech, datt dat eppes aneschtes ass. Déi Décisioun war jo keng, déi op d'Geriicht komm ass, mä dat ass eng Décisioun, déi an der Kompetenz vun der Regierung war, e Polizeichef ze ernennen oder ofzesetzen. D'Décisioun vun den Inculpatiounen ass eng - an och vun der Schëldsprooch -, ass eng, déi vum Geriicht ze huelen ass. An an deem Sënn muss een déi zwou Saachen awer kloer auserneenhalen. Zäitlech hutt Dir Recht. Ech hunn dat elo...

Voilà! Duerfir soen ech nach eng Kéier, dat ass eng... Ech wëll hei nach eng Kéier soen, datt ech ni d'Gefill hat, déi Aarbecht net ze ënnerstëtzen. Et ass gesot ginn, datt ech extra als Budgetsminister d'accord war, ze ënnerstëtzen och dee Büro do, an datt ech gefrot hunn, kuckt och no deenen anere Saachen, an et muss een alles dorop konzentréieren, hunn ech ni iwwert d'Opportunitéit geschwat en termes juridiques, mä ze soen, et ass eng *eenormal* (?) Affär.

Ech ka mech souguer erënneren, den Här Biever huet mer eng Kéier gesot, jo, sou wéi hien - ech weess net genee, wéi Der et gesot hutt, well Dir hutt effektiv e bëssen eng aner Sprooch, heiansdo Är Wierder, duerfir och um Radio, mä Dir hutt gesot, kuckt d'Affär Olof Palme. Kënnt Der Iech erënneren? Dat hutt Dir mir gesot. Do si se laang um Enquêtéieren, deen ass jo ermordt ginn, dee schwedesche Premier. Dat hu se ni erausfonnt, an et muss een dann awer nach ëmmer dorunner sichen, wéi laang dat dann och dauert. Dat ass déi Aart vu Gespréicher, déi mir geféiert hunn, net datt ee gesot huet: „Elo geet et duer, elo haalt Der op!", mä gesot hunn: „Bon, wéi laang fiert een da mat esou eppes?"

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Mä ganz genau, et gëtt Affären, wou een net seet, elo hale mer op, an den Olof Palme ass do e Beispill dofir!

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Maja eben, dofir soen ech jo, datt ech mat Ären Aussoe vum Radio, wou Der sot, jo, et gëtt esou vill Enquêten ze maachen, an déi mussen alleguerte gemaach ginn, an et muss ee seng Moyenen opdeelen, an dofir gesinn ech net, wou hei dee grousse Punkt ass.

Enfin wëll ech soen, wat d'Justiz- a Policekompetenz ubelaangt: Et ass d'Kompetenz vum Grand-Duc a vum Premierminister, fir eng Regierung ze bilden. Mir hunn de Modell geholl vu Skandinavien a vun der Schwäiz, an ech wëll soen, jiddweree kann dozou seng Meenung hunn, mä dat ass awer net den Objet hei vun dësem Gespréich, wéi eng Regierung composéiert gëtt. A wéi gesot, dat ass e Modell, deen a ganz groussen Demokratien och gemaach gëtt. Ech wëll dat also och hei awer nach eng Kéier - et war zwar déi Regierung virdrun -, och nach eng Kéier rappeléieren, an datt doriwwer och Réflexions institutionnelles

an der Regierung stattfonnt hunn, déi zu deem Resultat geféiert hunn an déi hunn näischt heimadder ze doen. Dat muss ee just a säi Kontext setzen.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Mir hu verschidde Froen, Här President, op déi ech keng Äntwert kritt hunn.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Da sot emol nach eng Kéier.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Fir d'Drëtt froen ech elo, ob déi Affär, fir ze froen: „Wéini sidd Der fäerdeg?", eemol gesot ginn ass oder ob dat repetitiv war. Dat ass meng éischt Fro.

Déi zweet Fro ass, ob mam Statsminister de Justizminister doriwwer geschwat huet...

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Iwwer wat? Iwwer wat prezis? Ech schwätzen dauernd mam Statsminister.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Ma, ech weess et net. Wann Dir... Huet den Här Statsminister Iech och gefrot: „Wou ass déi Affär drun? Kanns De emol net kucken, wat domadder geschitt?"

Ech weess et net. Do misst Dir eis soen. Ech war net dobäi.

An dann déi drëtt Saach ass, et ass och gesot ginn, zum Beispill wéi de Reuland an de Wilmes inculpéiert gi sinn...

**Plusieurs voix**.- Scheer! Scheer!

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* De Scheer an de Wilmes!

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Scheer a Wilmes. Gesitt Der, dat war scho bal e Lapsus révélateur.

Bei Scheer a Wilmes, wéi déi inculpéiert gi sinn, dass de Reuland an de Solagna hinne Conseile ginn hätten, stoung an der Zeitung, dass déi hinne gesot hunn, wat se ze maachen hätten.

Ass dat och richteg oder ass dat...? Dat stoung just an der Zeitung.

***(Brouhaha)***

Den Här Reuland ass jo d'Trap eropgefall. Dir hut gesot, en hätt manner an der Pai. Ech weess net, firwat e vill manner an der Pai huet. E schéngt jo awer keng schlecht kritt ze hunn.

An den Här Solagna ass haut nach Direkter vun der PJ. Dowéinster wollt ech awer Clarificatiounen hunn.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Dat Lescht, mengen ech, Xavier, dat ass eng Saach vun der Enquête, déi bei der Justiz ass, hein!

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Neen, et ass weder deen een nach deen aneren inculpéiert. Et ass net bei der Justice. Et ass just gesot ginn, dass de Reuland an de Solagna dem Wilmes an dem Scheer Rotschléi ginn hätten. Wann dat falsch ass, tant mieux. Et ass just, et ass jo net oninteressant.

Wéi gesot, dass den Här Minister seet, den Här Reuland wier d'Trap erofgefall,...

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Neen.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Ech weess net wéi déif.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* En ass vum P14 an de P12 reklasséiert ginn, well et nëmmen ee Generaldirekter an der Police gëtt. Sou einfach ass déi Äntwert. Et gëtt nëmmen ee mat där Pai, a wann en déi Fonctioun net méi huet, ass e Premier Commissaire divisionnaire ginn. An dat huet d'Fonction publique deemools gesot, et gëtt keng aner Léisung.

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Kritt en da keng Prime elo, well en eng international huet, déi dat géif kompenséieren?

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Ah, e kritt héchstwahrscheinlech zu Bréissel... Ech weess net,...

**M. Xavier Bettel** *(DP).-* Et wäert genau d'selwecht sinn, wéi wann en hei Generaldirekter wier, wann net méi. En ass grad net eropgefall, eh, erofgefall, Här Frieden. Et ass jo egal.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Kann ech awer just...

**Une voix**.- Jo!

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-*...dem Här Bettel seng... Also, ech mengen, et ass jo net den Objet vun der....

Also, déi dräi Froen, datt den Här Bettel net herno erausgeet an erëm seet, d'Froe wären net beäntwert ginn. Dat ass jo dat Üblecht.

Also, wéi laang dauert et nach? Déi Fro, wéi laang ass déi Enquête nach amgaangen, wéi laang dauert et nach? Ech mengen, dat ass eng Fro, déi ass vu ville Leit gestallt ginn.

Dir sot: „Hutt Der doriwwer mam Statsminister geschwat?" Ech géif dat net ausschléissen, well ganz vill Ministeren a ganz vill Leit hu ganz oft gefrot: „Wéi laang dauert dat do dann nach?" Sou wéi se och elo froen: „Wéi laang dauert dee Prozess nach?"

Dat ass awer keng..., also ech géif wierklech..., et ass gutt méiglech, dass ech mam Statsminister doriwwer geschwat hunn, ech géif souguer soen, et wär sécher, mä net nëmme mam Statsmnister, mä och villen aneren, déi gefrot hunn, och Deputéierten, well dat en Thema war am Vollek.

An dofir soen ech och nach eng Kéier, den Här Braz hat d'Fro gesot, ech wär net de Vertrieder vun de Leit, also meng Konzeptioun vun der Politik ass och nach ëmmer, datt ech, wann ech Minister sinn, och nach ëmmer och nofillen...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Jo, awer net fifty-fifty.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Wann ee Minister wëllt ginn,...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Awer net fifty-fifty.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Kommt, mir loossen emol de Minister.

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Also, ech fille mech nach ëmmer... Ech si gewielt an ech fille mech och nach ëmmer Vertrieder vun de Leit an ech loosse net den Här Braz soen, wann ech Minister wär, wär ech net méi Vertrieder vun de Leit.

Dann déi drëtt Fro...

**Une voix**.- Gott, wat eng Äntwert.

***(Brouhaha général)***

**M. Xavier Bettel** *(DP).-*...ass, wéi oft Dir den Här Biever gefrot hätt...

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ma permanent, jorelaang. En huet et am Ufank gesot. Dräi-, véiermol pro Joer.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Neen, neen, neen, neen. Kommt, mir bleiwen awer elo bei deem, wat gesot ginn ass.

**Une voix**.- Dann hunn ech de Contraire gesot. Ganz objektiv.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Well ech mengen, déi zwee Leit... Den Här Procureur général huet gesot, dass dat e puermol de Fall war. En huet och gesot, wéini dass et war. Net permanent.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Ah dach! Vun 2001 un a regelméisseg. Voilà! Regelméisseg an nëmmen an där Affär.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Jo, regelméisseg. Lauschtert, mir fänken elo net un, Wuertspillereien hei ze maachen. Regelméisseg, en huet doropshin, dat hunn ech awer selwer notéiert, huet en déi eenzel Datume gesot, wéini dass et eng Kéier konnt sinn. Ech hunn hei 2003 stoen an 2001. An dat ass net regelméisseg.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Neen, e sot, ab 2003 nach méi, war d'Ausso.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Okay.

**M. Félix Braz** *(déi gréng).-* Da schreif richteg op.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Jo, mir froen herno den Här Biever do derzou, an da si mer färdeg.

Wëllt de Minister nach zu engem...?

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Ech wollt nach just zum Här Bettel soen, dat war déi drëtt Fro. En hat gesot also, ob gefrot ginn ass: Wéi laang dauert et nach. Jo, dat ass eng Fro, wéi laang déi Enquête amgaangen ass. Dat ass eng Fro, déi gestallt ginn ass.

Hunn ech mam Premierminister geschwat? Jo, ech mengen, ech schwätze ganz vill mam Premierminister. Dat ass och normal, et ass mäi Chef.

An hunn den Här Reuland an den Här Solagna mam Här Scheer a mam Här Wilmer geschwat? Also, dat kann ech Iech wierklech net soen, well ech war net dobäi a se hu mech och net gefrot. Duerfir kann ech Iech dat net soen.

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président*.- Okay. Da lauschtere mer nach de Robby Biever, an ech mengen, da komme mer lues a lues zum Enn.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Also, ech mengen, deen extrem cordialen Désaccord, an deem ech mam Här Frieden sinn, dat ass, datt hien ebe gesot huet: „Hutt Dir soss näischt ze doen?" Net! Dat ass keen Encouragement, fir déi Affär weiderzemaachen. „Dir hutt esou vill aner Affären."

De Biever sot: „Dat hei ass eng Affär, déi eng aner Norm ass, eng aner Envergure." An e wosst och d'Envergure, an e seet: „Hutt Der soss näischt ze doen?"

Huelen ech net als Encouragement.

D'Madame Woltz ass regelméisseg all sechs Méint bei den Här Reuland, huet se e Bittgang gemaach - dat ka se och beleeën -, fir Enquêteuren erëm fir véier Méint oder sechs Méint, oder wéi dann deen Zug do wor, auszehandelen, fir déi fir d'Enquête ze kréien. An dat wor ëmmer ganz laboriös.

Ass dat en Encouragement fir d'Enquête? Dat kann ech net esou gesinn!

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Ech soe just,...

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Ech soen, dat ass en Deel vun der Netënnerstëtzung vum öffentlechen...

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Dat huet näischt mat mir ze doen.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Entschëllegt, hunn ech dat gesot?

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Neen, neen.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Voilà

**M. Luc Frieden,** *ancien Ministre de la Justice.-* Ech wollt just... Pardon, ech hat och guer net d'Wuert.

***(Interruption)***

**Une voix**.- Den Här Reuland...

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Neen, dat ass... Mir sinn och net un den Här Frieden erugetrueden, e soll mat dem Här Reu...Mir wären och net op d'Iddi komm.

***(Hilarité)***

Fait ass, dass ech net weess, wéi oft datt ech mat Iech geschwat hunn. Fir awer ze soen, zweemol, dat ass net wouer, eng ganz Rei Kéieren. An an all deene Jore regelméisseg, mä wat..., ech kann net soen, ob dat elo... Dat hänkt och vun de Joren...

**Une voix**.- Et ass elo kloer.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Ech hunn net esou e Stréch gemaach wéi beim...

**Une voix**.- Et ass elo kloer.

**M. Robert Biever,** *Procureur général d'État.-* Et wor awer alt esou, datt, wann ech Iech an der Strooss begéint hunn, datt ech geduecht hunn, elo wäert deen erëm mam Bommeleeër ufänken.

***(Hilarité)***

Also, esou regelméisseg ass et awer nun eemol erëmkomm.

Ech selwer hunn zweemol mat dem Premierminister doriwwer geschwat, an deen huet ëmmer insistéiert dorop, datt déi Affär géif opgekläert ginn.

An, entschëllegt......'t geet nach…et ass eng Nuance par rapport zu deem, an deem Akzent, zu deem wat dir, eh…

**M. Gilles Roth,** *(CSV), Président.-* Okay.

Ass soss nach eng Fro?

Da géif ech mengen, mir hätten dat do elo zur Genüge ausdiskutéiert. Ech soe jiddwerengem merci vun deenen déi bei eis komm sinn, de fréiere Justizminister, dem Procureur général an och der Madame Woltz hir kuerzfristeg Disponibilitéit, grad ewéi all den Deputéierten, well praktesch jiddwer Member aus der Justizkommissioun ugetrueden ass.

Merci, a mir gesinn eis erëm an dëser Compositioun den nächste Mëttwoch.

Luxembourg, le 7 juin 2013

La secrétaire,
Carole Closener

Le Président,
Gilles Roth